



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. 7118 - Projet de loi portant modification

1° de la loi électorale modifiée du 18 février 2003;

2° de la loi modifiée du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national

- Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle: M. Eugène Berger

- Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Eugène Berger, M. Alex Bodry (interventions de M. Claude Wiseler), M. Claude Adam (interventions de M. Claude Wiseler, Mme Nancy Arendt et Mme Octavie Modert), M. Gast Gibéryen (intervention de Mme Nancy Arendt), M. Marc Baum

- Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de M. Claude Wiseler et Mme Nancy Arendt), M. Claude Wiseler (parole après ministre)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

3. 7191 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération en matière de partenariat et de développement entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République islamique d'Afghanistan, d'autre part, fait à Munich, le 18 février 2017

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel

- Discussion générale: Mme Nancy Arendt, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser (interventions de Mme Viviane Loschetter et M. Marc Angel), M. David Wagner

- Prise de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

4. 7193 - Projet de loi portant approbation de l'Accord instituant la Fondation internationale UE-ALC, signé à Saint-Domingue, le 25 octobre 2016

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel

- Discussion générale: Mme Nancy Arendt, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser

- Prise de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

5. 7197 - Projet de loi portant approbation du Protocole sur les privilèges et immunités de la juridiction unifiée du brevet, fait à Bruxelles, le 29 juin 2016

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Claudia Dall'Agnol

- Discussion générale: M. Laurent Mosar (interventions de Mme Viviane Loschetter, M. le Ministre Etienne Schneider, M. Claude Haagen), M. Eugène Berger (interventions de M. Laurent Mosar et M. Gusty Graas), M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser

- Prises de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

6. 7178 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Royaume de Belgique, le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, le Gouvernement de la République française et le Gouvernement du Royaume des Pays-Bas relatif à la coopération en matière de défense aérienne contre les menaces aériennes non militaires, fait à Bruxelles, le 16 février 2017

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel

- Discussion générale: M. Jean-Marie Halsdorf, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum

- Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de la Défense, M. Fernand Kartheiser (parole après ministre), M. le Ministre Etienne Schneider

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

7. 7161 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce

- Rapport de la Commission de l'Économie: Mme Tess Burton

- Discussion générale: M. Léon Gloden, M. André Bauler, M. Gérard Anzia

- Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

8. Ordre du jour

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

9. 7224 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Lituanie sur les transferts statistiques d'énergie produite à partir de sources renouvelables afin de respecter les objectifs prévus par la directive 2009/28/CE, signé à Vilnius, le 26 octobre 2017

et

7225 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Estonie sur l'établissement d'un cadre pour le transfert statistique d'énergie produite à partir de sources renouvelables afin de respecter les objectifs prévus par la directive 2009/28/CE, signé à Tallinn, le 7 novembre 2017

- Rapports de la Commission de l'Économie: Mme Tess Burton

- Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Max Hahn, M. Gérard Anzia, M. Fernand Kartheiser (intervention de M. le Ministre Etienne Schneider), M. Marc Baum

- Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie

- Votes sur les projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Romain Schneider et Mme Corinne Cahen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président. - Gudde Mëtteg, Kollegeinnen a Kollegeen, ech maachen heimat eis Sëtzung op. Mir hunn eis verstanen: Am Moment huet d'Regierung keng Kommunikatioun ze maachen, mä dat wäert sech da beim nächste Punkt vum Ordre du jour änneren. Merci dem Här Premierminister.

Da géife mer direkt zum éischte Punkt vun eiselem Ordre du jour iwwergoen, an zwar zum Projet 7118, eng Ofännerung vum Wahlgesetz a méi präzis d'Vereinfachung och vun der Bréifwahl. An d'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Eugène Berger.

2. 7118 - Projet de loi portant modification

1° de la loi électorale modifiée du 18 février 2003;

2° de la loi modifiée du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

► **M. Eugène Berger** (DP), rapporteur. - Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a léif Kollegeen, den Zougang fir de Bierger zu de Wahlen esou einfach wéi nëmme méiglech ze maachen, ech mengen, esou kéint een dee Projet de loi e bësse resuméieren, deen ech lech haut de Mëtten da wäert presentéieren a wou et och méi besonnesch a méi spezifesch ëm d'Bréifwahl geet.

Mir huelen haut och eng zweete Kéier an deene leschte Méint, wann ech zrëckkucken,

eng Ännerung um Wahlgesetz vir. Virun e puer Méint war et drëms gaangen - Dir kënnt lech vläicht erënnere -, fir d'Verfassungskonformitéit vun eiselem Wahlgesetz nach eng Kéier nei ze schreiwen. No de Wahlen 2013 hu mer jo missen déi Dispositiounen nei präziséieren, fir datt all fënnef Joer Wahle si respektiv wéini déi al Chamber ophält an déi nei ufänkt.

Déi Modifikatiounen, déi ech lech elo haut wäert presentéieren, si manner juristescher Natur, vläicht kéint ee soen, méi praktescher Natur. Awer am Endeffekt, géif ech soen, och op eng gewëssen Aart a Weis politescher Natur, well déi Modifikatiounen reie sech awer a mengen Aen an d'Philosophie vun anere wichtige Reforme vun eiselem Wahlgesetz an. Well genausou wéi beim Aféiere vum Suffrage universel, dem Aféiere vum Fraewahlrecht, dem Erossetze vum aktiven a passiven Wahlalter op 18 Joer, geet et och bei dësem Gesetz drëm, am Sënn vun der demokratescher Participatioun d'Wahle fir d'Bierger esou accessibel wéi nëmme méiglech ze maachen an ze kucken, datt och wierklech praktesch keen eng Excuse huet, fir net kënne wielen ze goen.

Et muss ee soen, och wann dëst Gesetz net per se d'Wahlrecht méi grouss opmécht, erliichtert et awer de Wahlberechtigten, hir Stëmm och effektiv ofzeginn, besonnesch wa se deen Dag net am Land sinn oder wa se deen Dag aus iergendenger Ursach net kënne an d'Wahlkabinn goen.

Et sinn awer nach e puer aner Dispositiounen, déi och hei ëmgeännert ginn. Also et si siwe Punkte grosso modo, déi ech hei wäert kuerz skizzéieren: also d'Bréifwahl, wéi do den Accès geännert gëtt, dann och d'Zouloossen zum Vott an der Kabinn, d'Recoursméiglechkeeten, d'Wielerlëschten, d'Wahlbüroen an dann och eppes Neies, dat ass de Vott vun de Persounen mat enger Déficience visuelle. An d'Annexe vum Wahlgesetz ginn eben dann och geännert.

Dës Modifikatiounen, déi mer hei virhuele wäerten, déi ginn och parallel am Gesetz iwwert den nationale Referendum geännert,

well jo do eigentlech och déiselwecht Logik ass wéi bei dem Wahlgesetz.

Bon, ech kommen dann zu deem éischten, awer och deem wichtigste Punkt bei den Emännerungen, déi mer hei iwwert dee Projet de loi maachen, dat ass dee vun der Bréifwahl. De Moment ass et esou, datt ee kann d'Bréifwahl ufroen, entweder wann ee Wieler ass, dee méi al wéi 75 Joer ass, Wieler, deen um Wahldag onméiglech an de Wahlbüro ka goen, well e krank oder soss eppes ass, oder och Wieler, déi deen Dag am Ausland wunnen oder schaffen.

Mir hu jo och do déi Situatiounen, datt d'Studenten, déi am Ausland studéieren, jo ganz oft an där Situatioun sinn, wat natierlech och oft awer mat, ech soen emol, Paperassé verbonnen ass, datt se eventuell souguer mussen am Virfeld zrëck heemkommen, fir do dann och op d'Post hiren Ziedel sichen ze goen.

Mir stellen awer och fest: Mir liewen an enger Zäit, wou och vill Leit berufflech heiansdo kuerzfristeg an d'Ausland musse goen. An dat ass dann natierlech och méi ëmständlech oder stresseg, oder et geet vläicht dann heiansdo och net duer, fir dann nach kënne unzefroen, fir d'Bréifwahl ze maachen, fir eventuell en Zertifikat ze hunn an esou weider.

Et kann een och feststellen, wann een d'Zuele kuckt, d'Statistike kuckt: D'Zuel un Demandé fir d'Bréifwahl hält konstant zou. 2009 hate mer 5,5% vun de Wieler, déi dat ugefrot haten, 2013 hate mer der scho 7,65% a beim Referendum, fir dat dann och als Referenz ze huelen, haten 18.837 Persounen d'Bréifwahl ugefrot, dat sinn ëmmerhin 8,76% vum ganzen Elektorat.

Also, d'Statistik weist och - dat ass en aneren Aspekt, do hunn ech hei elo net d'Zuelen derbäi - eng Tendenz, datt leider ëmmer méi Bierger net an der Wahlkabinn optauchen, obwuel se missten hirer Wahlflicht nokommen. Mir wëssen och, datt do gewéinlech keng Poursuite sinn. Mä mir haten awer och eng Diskussioun an der Chamberskommissioun, fir

ze kucken, datt een dat eng Kéier genau misst analyséieren, dee Phänomeen. Mä et erhofft ee sech natierlech och doduerjer, datt d'Bréifwahl vereinfacht gëtt, datt een eigentlech dann där Tendenz kéint entgéintwierken.

Also wat op alle Fall hei ass: Mat dësem Gesetz kënnt awer eng grouss Neierung, well bei der Bréifwahl, do gëtt d'Prozedur vereinfacht, verallgemengert. Dat heescht, an Zukunft muss ee keng Begrënnung méi ugin. Et muss een net eventuell en Zertifikat als Student oder datt een am Ausland schafft vum Patron oder wann ee krank ass en Zertifikat oder iergendeen Ziedel derbälleeën, fir unzeginn, firwat ee wëllt d'Bréifwahl maachen. Also et ass einfach ouni Begrënnung.

An Zukunft muss ee sech dann och net méi speziell deplacéieren fir d'Bréifwahl a fir seng Demande ze maachen, fir d'Bréifwahl unzefroen, op d'Gemeng goen. Dat kann een elo iwwer myguichet.lu ufroen. Ech mengen, dat ass och am Sënn vun der Strategie vun der Regierung vum paperless an et vereinfacht natierlech och de Leit, de Bierger d'Liewen, wa se administrativ Akte musse maachen.

An da schliisslech gëtt déi Prozedur och vereinfacht, andeem d'Wahlziedele bei der Bréifwahl net méi mat Accusé de réception verschéckt ginn. Fréier huet een da missen op d'Post goen, do huet ee sech missen Zäit huelen. Dat war eventuell de Student, deen awer net zrëckkomme konnt. Dann huet e misse kucken, datt de Papp oder d'Mamm dat konnt siche goen. Also dat fält och ewech. Den Accusé de réception ass net méi noutwendeg, et kritt een et direkt heemgeschéckt. An dann och, dat arrangéiert vläicht de President vum Haaptwahlbüro, dat mécht him et och méi einfach: D'Enveloppé mussen och net méi vun deem paraphéiert ginn.

Bon, de Statsrot, deen huet a sengem Avis, an och eng gréisser Fraktioun oder déi gréisst Fraktioun an der Kommissioun, Bedenken iwwert deen, soe mer emol, Manipulationsrisiko geäussert, dee kéint bei der Bréifwahl kommen.



Dozou awer vläicht e puer Remarque vu mir als Rapporteur. Ech mengen, domadder, datt een déi Bedenken huet, stellt ee jo eigentlech dee ganze Prinzip vum der Brëifwahl insgesamt a Fro. Mir hunn awer mëttlerweil schonn - ech hat et virdru gesot - 18.800 Leit, déi dat gemaach hunn. Ech mengen, da géif een dat jo prinzipiell a Fro stellen, well wann et bei engem méiglech ass, dann ass et jo och bei 18.000 a méi oder 20.000 a méi méiglech.

Ech stellen och einfach fest, datt de Statsrot deemools, wéi d'Brëifwahl fir déi iwwer 75-järeg opgemaach ginn ass, déi Bedenken net hat. Wann een also haut vläicht Bedenken huet a fäert, eng streng Mamm oder e strenge Papp géife fir déi jonk Studente vun 20, 22, 25 Joer, wat weess ech, den Ziedel ausfüllen, da kéint een natierlech och soen, dann hätt een och fréier missen déi Bedenken hu bei eelere Leit, déi vläicht am Altersheim sinn, ob déi dann och selwer do hiren Ziedel ausgefëllt hätten.

An ech mengen, d'Konklusioun war op alle Fall déi, datt d'Kommissioun, déi och doriwwer diskutéiert huet, dem Statsrot seng Suergen - et war och keng Opposition formelle - net gedeelt huet. A wéi gesot, ech hunn hei och versicht, eng Rei Argumenter duerststellen, firwat datt sech eigentlech do awer net déi Suergen ze maache sinn.

Bon, mir ginn natierlech och dovunner aus, datt awer duerch déi Vereinfachung, déi Verallgemengerung - kéint ee scho bal soen - vun der Brëifwahl d'Zuel vun de Leit, déi wäerten op d'Brëifwahl zrëckgräifen, nach eng Kéier wäert an d'Luucht goen. An duerfir hu mer och gekuckt, datt awer dat alles, wat do hannendrunhänkt vun Delaien, dann och uerdentlech agenciéiert ass, fir datt een och do dem administrative Personal d'Liewen erlichtert an datt een also och kuckt, datt dat dann herno awer genau klappt. Duerfir mussen dann och genau déi Delaien drageschriwwen sinn, ab wéini ee kann ufroen a bis wéini ee muss säin Ziedel zrëckgeschéckt hunn.

Bon, bis elo war et esou, datt een d'Brëifwahl konnt fréiestens zéng Wochen a spéitstens 30 Deeg virum Wahlsonndeg ufroen, wann een hei zu Lëtzebuerg gelieft huet oder hei seng Adress huet. An an Zukunft ass et esou, datt ee schonn zwielef Woche virdrun, also datt ee méi fréi scho kann ufroen. Dat gëtt also op zwielef Woche gesat. An dann ass et esou, datt déi Wieler, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, och d'Méiglechkeet hunn - dat ass also och geännert -, net 30 Deeg virum de Wahlen, mä bis 25 Deeg virum de Wahlen dat dann unzefroen.

Ech muss soen, Här President, als Rapporteur war et mir perséinlech wichteg, datt een deen Delai do nach méi no un d'Wahle géif eruéckelen. Firwat? Bon, et gesäit een einfach, datt heiansdo d'Leit, natierlech déi, déi da wëllen d'Brëifwahl maachen, mä och anerer, net ëmmer direkt matkréien, datt deemnächst Wahle sinn. A wann da bis d'Wahlcampagne lassgeet - dat ass da gewéinlech esou e gudde Mount virdrun -, dann op eemol soen: „Aah jo, ech wëll och d'Brëifwahl maachen!“ A bei 30 Deeg wier do vläicht schonn, oder ass et heiansdo virkomm, datt een dann deen Delai verpasst hat.

Voilà, also hu mer duerfir och an déi Richtung gekuckt, fir dat, esou wäit et méiglech war, méi no bei d'Wahlen ze réckelen. Och do konnte mer awer elo net onbegrenzt fueren. Mir hunn do gekuckt mat den Delaien: Et kritt ee jo de Brëif geschéckt, et brauch Zäit, fir en auszefëllen an eben zrëckzeschécken, datt en awer virum Wahlsonndeg zrëck ass, do fale jo nach d'Weekender dran. Do hu mer mat de Leit aus dem Ministère dunn awer eis konnte festleeën op 25 Deeg.

Wat dann och ass: Wann een am Ausland wunnt, da muss een datt awer 40 Deeg virdru froen, well dat natierlech aner Delaie sinn. Do muss ee 40 Deeg virdru seng Demande gemaach hunn. Firwat am Ausland aner Delaien? Well do jo d'Wëer vun der Post an och verschidde Prozeduren awer nach weiderhin aneschtens sinn.

Voilà! Dat sinn also eng ganz Rei Elementer vun der Brëifwahl, wou se vereinfacht gëtt, wou also wierklech soll de Bierger incitéiert ginn - wann en am Ausland ass oder wann e soss net Zäit huet, fir kënnen an d'Wahlkabinn ze goen -, datt en awer dann trotzdeem dorobber zrëckgräift.

Den zweete Punkt, dee geännert gëtt am Wahlgesetz, dat ass d'Zouloossung zum Vott an der Wahlkabinn. Et ass esou: An Zukunft geet et duer, oder ech géif et éischter aneschtens formuléieren, et muss een en Auswäisdokument hunn. Wat heescht dat? Eng Carte d'identité oder e Pass, fir sech auszuweisen. Et muss een net onbedéngt dann nach deen Ziedel hunn, deen ee geschéckt kritt, mat deem ee gewéinlech an de Wahlbüro geet. Dee brauch een net, mä et kann een deen och mat huelen. Mä ech mengen, et ass wichteg, datt

d'Leit dann an Zukunft, den nächste 14. Oktober, hir Carte d'identité oder hire Pass derbäi hunn.

Firwat? Dat ass eben, wann ee gréisser Wahlbüroen huet - wann een an enger klenger Gemeng ass, kennt jiddweree jiddwereen, fir et emol esou ze soen, an da gëtt et do kee Problem -, datt do net ee vläicht de Wahlziedel vun dem Noper oder vu soss engem mathëlt an da fir een anere kéint wielen. Dat ass also, fir op eng gewëssen Aart a Weis eng Wahlmanipulatioun - zwar e ganz kleng Risiko, mä trotzdeem! - ze verhënneren.

Da sinn nach verschidden aner Dispositiounen geännert ginn, déi ech awer kuerz wäert erwähnen. Et ass jo awer wichteg, datt ee bei Emännerunge vum Wahlgesetz och als Rapporteur vläicht net einfach op de schrëfftleche Rapport verweist, mä awer e puer Remarken all Kéier mécht oder kuerz erwänt.

D'Recoursméiglechkeeten: Wann een de Moment wëllt e Recours maache géint d'Zesummestelle vun de Wielerlëschten oder géint eng Wahloperatioun, muss ee bis elo fir d'Éischt virum den Tribunal administratif als éischt Instanz goen, an da kënnt d'Cour administrative, déi ass d'Instance d'appel. Dat gëtt och vereinfacht. Elo ass et esou, datt an Zukunft nach just d'Cour administrative als zoustänneg Geriicht iwwer e Recours jugéiert.

D'Wielerlëschten: Do waren an der Vergaangenheet heiansdo Interpretatiounsschwiergekeeten, wéi een dat esou schéin nennt. Et ass esou, datt de provisoireschen Arrêt vun de Wielerlëschten an d'Opmaache vun de Wielerlëschte fir d'Inspektioun vum Public allen zwee op de 86. Dag virum de Wahle fixéiert sinn. Wéi gesot, do waren an der Vergaangenheet heiansdo e puer Schwierigkeeten, fir dat an alle Gemenge genau d'selwecht ze artikuléieren. An duerfir ass dat elo op de 87. Dag fixéiert ginn. Et weess also an Zukunft all Bierger, egal a wat fir enger Gemeng hie wunnt, bis wéini hie sech kann op d'Wielerlëschten andree goen. Ech mengen, dat hänkt jo heimadder zesummen.

Dann ass eng aner Onsécherheet am aktuelle Gesetz, déi dann och hei kloergestallt gëtt, dat ass déi: Wéi laang muss een hannereneen zu Lëtzebuerg gewunnt hunn, fir bei Gemeengewahle kënnen ze wielen oder ze kandidéieren? Do gëtt et och de Moment zwou verschidden Interpretatiounen vum eigentlech genau deem gläichen Text. Déi eng soen: „Et muss ee fënnel Joer laang en continu hei gelieft hunn.“ Déi aner soen: „Et geet duer, wann een dat lescht Joer virum der Inscriptioun vun deene fënnel Joer en continu hei zu Lëtzebuerg gelieft huet.“ An d'Regierung, déi huet sech fir déi zweet Interpretatioun entscheet, also déi manner restriktiv. Am neien Text geet dat och kloer ervir, datt ee muss fënnel Joer virdrun hei gelieft hunn, mä op alle Fall dat lescht Joer en continu.

Dann eng lescht Ännerung bei de Wielerlëschten, dat ass dann d'Ersetze vun der Referenz op den „nom patronymique“ duerch einfach „nom“ tout court. Ech mengen, do kucke mer, datt mer konform sinn zum ëmgeännerten 2013er Gesetz iwwert d'Identifikatioun vun de Personnes physiques.

D'Wahlbüroen: Jo, bei de Wahlbüroen, do kann et de Moment och zu Problemer kommen, wann ee Member ass vun engem Wahlbüro an awer - dat gëtt et jo - muss an engem anere Wahlbüro wile goen. Fir dann eben do d'Saach e bësse méi einfach ze maachen, kënnen déi Leit dann an deem Wahlbüro wielen, wou se och Member sinn. Dat gëllt awer da just fir d'Membres effectifs, net fir d'Membres suppléants.

En zweete Problem gouf et bei der Gréisst vun de Wahlbüroen. De Moment dierf ee Wahlbüro maximal 600 Wieler zielen, oder ophuelen, wéi een dat wëllt dréien. An am Fall vu gläichzäitig ofgehalene Legislativ-, Europawahlen oder mat engem Referendum - dat kéint ee sech jo theoretesch virstellen - war dës Zuel op 400 limitéiert. An do kënnt een da vläicht a Situatiounen, wou da 601 Wieler oder 402 Wieler do wieren. Fir dann do net direkt mussen en zweete Büro ze organiséieren, ass eng gewësse Flexibilitéit ageschriwwen gi vu 5%, soudatt een also dann, wa 410 Wieler do wieren - wéi an deem zweete Fall -, awer ka bei engem Büro bleiwen.

Dann eppes, wat awer och ganz wichteg ass am Sënn vun eise Matbierger, déi eng Déficience visuelle hunn, déi also net gutt gesinn oder vläicht näischt gesinn. De Moment ass et esou, datt eng Persoun mat enger Déficience visuelle just wile ka goen, andeems se sech da vun enger Persoun an eng Kabinn begleede léisst, déi dann eigentlech an hirem Numm dat do ausfëllt, awer dann och net ka kontrolléieren, wat deen, dee mat hir geet, do als Kräizer mécht. Dat ass eigentlech op eng gewëssen Aart a Weis eng Diskriminatioun fir deen, dee blann ass an zum Beispill wëllt wile goen.

A bei dësem Projet de loi féiere mer eppes ganz, ech soen emol, Flottes, Innovatives an, et gëtt et awer och schonn an anere Länner: esou Wahlschablounen, déi vum Educationnsministère zesumme mam Institut pour déficients visuels ausgeschafft goufen. An déi Wahlschablounen, déi kënnen dann benotzt ginn, fir bei der Brëifwahl matzemaachen.

Gutt, Här President, ech gesinn, ech kommen esou lues zum Schluss mat der Zäit. Bon, d'Annexen, déi ginn natierlech och ëmgeännert, wou da genau steet, wéi dann all déi Prozedure sinn.

En allerlescht Wuert zur Fro vun eventuell enger genereller Méiglechkeet, fir elektronesch, digital wielen ze kënnen, dat ass jo am Ausland heiansdo e Sujet. Mir haten och an der Kommissioun kuerz doriwwer en Echange. Mir waren awer zur Konklusioun komm - ob dat elo eng App wier oder an der Kabinn -, datt mer nach net wëllten op dee Wee goen, well awer d'Gefor vun digitaler Manipulatioun, vun Hacking an esou weider dach grouss ass oder op alle Fall besteet.

Här President, ech kommen dann zu menger Konklusioun. Dëst si wichteg Neierungen an eise Wahlrecht, mat deene mer den Accès méi vereinfachen a méi kammoud maachen, fir datt och jiddweree vu senger Wahlflicht Gebrauch ka maachen. Ech hoffen duerfir, datt mer op eng grouss Zoustëmmung fir dee Projet de loi hei kommen.

Ech mengen awer, fir ganz vill Bierger ass et nach ëmmer eppes ganz Spezielles, eppes Besonnesches, ee wichtige Moment, fir sonndes - ech hat engem Journalist gesot: „scheck gekleet“ - kënnen an d'Wahlkabinn ze goen. Dat ass och gutt, datt dat esou ass. Dat weist, datt d'Leit hei zu Lëtzebuerg awer insgesamt dat ganz eescht huelen. An ech wëll och betounen, datt dat net ofgeschaaft gëtt mat dësem Projet de loi, datt et also och an Zukunft weiderhi méiglech ass, datt een an d'Kabinn geet an do ka wielen. An ech géif dovunner ausgoen, datt dat awer nach ëmmer de Gros vun de Leit hei zu Lëtzebuerg wäert maachen.

Dat gesot, soen ech lech Merci an ech hoffen, wéi gesot, op eng grouss Zoustëmmung zu dëser Emännerung vum Wahlgesetz.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Wiseler fir d'CSV.

Discussion générale

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Merci, Här President. D'Demokratie, esou wéi se an deenen eenzelne Länner gelieft gëtt, berout ganz oft op dem historesche Vertrauen, dat d'Wieler an de System hunn, an deem gewielt gëtt. D'Wieler mussen d'Gefill hunn, an der Fräiheet kënnen dat auszedrécken, wat se wierklech mengen, op där enger Säit, an awer och d'Gefill hunn, datt alles gemaach gëtt, fir datt se d'Méiglechkeet hunn, fir bei der Wahl ze participéieren.

D'Akzeptatioun vun de Resultater kënnt och duerch dat Gefill, datt de System, esou wéi en ass, gerecht ass an net deen een oder deen aneren avantagéiert. Wann een e wéineg kuckt, wéi et am Ausland ass, da gesäit een - wéi zum Beispill an de Vereenegte Staaten -, datt an enger Rei Systemer gewielt gëtt, notament an de Presidentialwahlen, déi deelweis scho méi wéi honnert Joer al sinn a veezelt sinn. D'Wahlmänner mussen zesummekommen, fir dat definitivt Resultat festzemaachen. Mä et ass awer och esou, datt mer an de Vereenegte State feststellen, datt ganz oft - bon, déi eng oder aner Kéier, op jidde Fall déi, déi populär waren! - mat de Stëmmen, déi d'Kandidate kruten, net ëmmer dee President ginn ass, deen am Ganzen am meeschte Stëmme krut, mä heiansdo duerch de Wahlsystem bedéngt et ëmgedréit war.

An trotzdeem - an trotzdeem! - ass et net a Fro gestallt ginn, weder an deene leschte Wahlen, d'Madamm Clinton géint den Här Trump, nach an deene Wahlen, wou den Här Gore géint den Här Bush ugetrueden ass a wou dat de Fall war. D'Legitimitéit ass net a Fro gestallt ginn, well de System säit Joren, säit Jorzéngten, säit méi wéi engem Jorhonnert am Fong akzeptéiert ass a jiddwereen en dréit.

An England ass et datselwecht, wou mer e Majoritéitssystem hunn, wou u sech en enormen Avantage deene Parteien zoukënn, déi an deem Moment staark sinn, déi manner staark Parteien e wesentlech méi groussen Desavantage hunn a kleng Parteie quasiment iwwerhaupt net an d'brittescht Parlament kommen. Och dat gëtt net contestéiert, well de System kloer ass, vu jiddwerengem akzeptéiert gëtt.

Mir hunn en anert Beispill, wa mer a Frankräich kucke mat allen Découpages électoraux, déi an

deene leschte Jorzéngte scho geschitt sinn. Do huet ganz oft de Wieler d'Impressioun, datt déi jeeuweileg Majoritéit vun deem Moment den Decoupage vun de Circonscriptionen esou mécht, datt se deen een oder deen anere bevirdelegen an domat e Mësstrauen an de System opkomme loosse.

An zu Lëtzebuerg stellen ech fest, datt mer e System hunn, dee sech och bewäert huet, wou, och wann eng Koalitioun oder eng Majoritéit an der Chamber eng Majoritéit vun Deputéierten huet, ouni eng Majoritéit vu Stëmmen ze hunn - also eng Minoritéit vu Stëmmen huet -, dat awer net an eise System d'Legitimitéit vun de Wahlen a Fro stellt an och vu jiddwerengem akzeptéiert ass, ganz einfach, well de System scho säit Joren esou leeft a well déi Spillregele vu jiddwerengem virdru kannt, gedroen an och akzeptéiert goufen. An ech fannen dat och richtig esou.

An heiansdo hu mer jo och an der leschter Zäit Debatten iwwer eise Wahlsystem gehat, wou een ëmmer muss, ech wëll net soen, virsiichteg, mä mat ganz vill Rücksicht op eis Geschicht an eis Prinzipien drugoen. Zum Beispill, wa mer déi Diskussioun iwwer een oder véier Wahlbezierker féiere mat dem Wëssen, datt et wichteg ass, datt jiddwereen aus jiddwer Géigend vum Land sech och vertruede spiert. Wa mer iwwer de Panachage schwätzen, wou déi perséinlech Relatioun vun dem Wieler mat sengen Deputéierten ëmmer eppes ass, wat an der Lëtzeburger Tradition e grousst Gewicht huet an och vun de Leit als eppes Wichtiges empfongt gëtt. Oder wa mer vun de Lëschestëmme schwätzen, wou de Wieler zu Lëtzebuerg d'Impressioun huet - duerch déi ganz Geschicht, déi mer hannernt eis hunn -, datt et un him perséinlech ass an net un de Parteien, ze decidéieren, wien dann elo individuell gewielt gëtt.

An datselwecht beim Vote obligatoire, wou mer eng laang Tradition hunn, déi fir eis net onwichtig ass, well deen eis awer garantéiert, datt d'Representativitéit vun de Wahle méi grouss ass.

An e puer Prinzipie sinn an eisen Ae fundamental, wann een déi Diskussiounen iwwert d'Wahlsystem ueget. Dat Éischt, datt ass de Prinzip vun dem Suffrage universel, op deen ee muss kucken. Jiddweree soll kënnen esou wäit wéi méiglech u Wahle participéieren. Do ginn et Konditiounen, Alters-, Nationalitéits-, Residenzkontitiounen, och eng Rei Exklusiven, mä à condition, datt se proportionell si par rapport zu deem, wat d'Konditiounen vum Wieler sinn.

Et gëtt awer och dee ganze Prinzip vum Suffrage libre. „Libre“ heescht hei, datt jiddwereen och fräi ass, fir d'Formatioun vun der Volontéit vun deem, wat e wëllt wielen, fräi ze maachen, an op där anerer Säit fräi ass, fir dat och auszedrécken, wat e politesch als richtig fënn. An dat Ganzt gëtt vun engem anere Prinzip ënnerstëtzt, dat ass dee vun dem Suffrage secret, deen am Fong d'Basis vun där Fräiheet ass.

Dëst Gesetz, wat mer haut diskutéieren, ännert d'Wahlgesetz a schléit eng ganz Rei Vereinfachungen op där enger Säit vir an Upassungen un d'Realitéit op där anerer Säit.

Un d'Realitéit ugepasst gëtt d'Recoursméiglechkeet vun zwee Degreen op een Degré zrëck; d'Admission au vote, wou ee just eng Pièce d'identité muss weisen an net méi d'Convocatioun muss presentéieren, wat an der Realität effektiv ëmmer zu Quiproquoë gefouert huet an zu Diskussiounen; all Wahlbüro gëtt méi einfach gemaach; fir d'Listes électorales gëtt präziséiert, op wat fir en Dag se definitiv artéiert sinn; den „nom patronymique“ gëtt an den Numm changéiert; d'Membere vum Bureau de vote kënnen an deem Bureau de vote wielen, wou se selwer operéieren, a mir hunn och eng Vereinfachung vun der Zuel vun de Wieler pro Büro, wa sech géife Froe stellen.

Alles dat sinn an eisen Ae Vereinfachungen, wou mer explizit soen, datt mer domat d'accord sinn, datt mer déi ënnerstëtzen, datt mer se matdroen an datt mer och gehollef hunn, se am Gesetz esou ze formuléieren, datt se och richtig passen.

Datselwecht gëllt fir eng ganz Rei Vereinfachungen, déi an dësem Gesetz stinn, wéi de Prinzip vun der Universalitéit vun de Wahlen - dat heescht, esou vill wéi méiglech Wieler erlaben, un de Wahlen deelzehuelen -, déi an dësem Gesetz vereinfacht gëtt, déi mer och kloer an daitlech matdroen. Zum Beispill och, wann den Datum beim Vote par correspondance, bei der Brëifwahl geännert gëtt vun zéng Woche virdrun op zwielef Wochen, respektiv vun 30



Deeg virun de Wahlen op 25 Deeg erof virun de Wahlen. Dat ënnerstëtze mer selbstverständlech, obwuel mer eis heiansdo d'Fro stellen, ob de Fait, datt mer elo déi Delaien anescht maache fir Leit, déi am Land wunnen, wéi fir Leit, déi am Ausland wunnen, wat zwar rationell logesch ass, mä am Verständnis respektiv an der Explikatioun net heiansdo kann zu Confusione féieren. Dat ass nach e Fragezeichen, dat ass nach eng Fro. Mä vum Prinzip hier droe mer och déi do Annerung mat.

Mir droen och d'Ännerung mat, datt ee selbstverständlech d'Ufro vun der Bréifwahl iwwer „Guichet.lu“ ka maachen, datt och „sans accusé de réception et sans paraphe“ déi Bréiwer an Zukunft kënnen zougestallt ginn. A mir droe selbstverständlech och mat, datt an de Gemeengewahlen d'Durée de résidence just ee Joer en continu virun de Wahle muss sinn an de Rescht mat Interruptione ka gemaach ginn. Alles dat, soe mer, dat sinn expressement Vereinfachungen, mat deene mer d'accord sinn, well se als Zil hunn, esou vill wéi méiglech Leit kënnen vun der Universalitéit vum Droit de vote profitéieren ze loosse.

Déi eenzeg wierklech Fro, déi sech dann an eisen Ae stellt an déi méi kontroverséiert ass, dat ass déi vun der Suppressioun vun der Justifikatioun fir d'Bréifwahl. Bis elo ass d'Wahl an der Wahlkabinn dat Kllassescht, dat Normaalt gewiescht, an d'Bréifwahl war u sech en Zousaz, deen nëmme fir déi Leit a Fro komm ass, déi an den normale Wahlen duerch iergendeen kloer definéierte Grond - am Gesetz definéierte Grond! - net konnten deelhuefen, ob se elo am Ausland residéieren oder ob se eng Onméiglechkeet hunn, fir sech den Dag selwer an de Wahlbüro ze deplacéieren. Elo gëtt dat op deeselwechten Niveau gesat.

An den Ae vun der CSV ass hei eng Diskussioun, déi mer hätte missen, menge mir, anescht féieren, tëschent dem Prinzip vun der Universalitéit vum Wahlrecht op där enger Säit, hannert där mer stinn, an op där anerer Säit dem Secret, dem Geheimnis vun de Wahlen, deen eis awer eng ganz Rei Garantië gëtt. Fir eis ass de Secret vum Vott eng vun de Basis-konditiounen vun der Demokratie, well en d'Fräiheet vun der Wahl garantéiert, well en de Wieler schützt virun dem externen Drock a well en d'Garantië gëtt, datt jiddwereen dat kann ausdrécken, wat e wierklech mengt, ouni datt en am Moment, wou e säi Kräiz op den Ziedel mécht, iergendenger Pressioun kann ausgesat ginn.

Wann ech d'Literatur kucke vum Conseil de l'Europe, da kann ech do liesen, datt och fir de Conseil de l'Europe respektiv d'Commission de Venise dat eng wichteg Konditioun ass: «Le secret de vote est non seulement un droit, mais aussi une obligation pour l'électeur qui doit être sanctionnée par la nullité des bulletins dont le contenu a été révélé.»

Och d'Lëtzebuurger Gesetzgebung, déi d'Bréifwahl 1982 agefouert huet, huet an aller Däitlechkeet - an aller Däitlechkeet! - gesot: «Le vote par correspondance doit cependant demeurer une procédure exceptionnelle dont ne peuvent bénéficier les seuls intéressés limitativement prévus» an deem Fall «par la loi». An de Souci sengerzäit war, fir u sech de Secret de vote esou wäit wéi méiglech bäizebehalen an en nëmmen ze diluieren duerch d'Bréifwahl an deene Fäll, wou et net anescht geet respektiv wou de Prinzip vun der Universalitéit da prevaléiert an deem Kontext.

Haut proposéiert d'Majoritéit, d'Bréifwahl an d'klassem Wahl an der Kabinn op deeselwechten Niveau ze setzen. Si argumentéiert an dem Exposé des motifs just mat engem eenzege Argument, an dat ass «que c'est une condition qui n'est plus adaptée à notre temps». An och am Rapport hunn ech u sech keng Diskussioun iwwert déi Argumentatioun vun de Prinzipien tel quel erëmfondt.

Ech ka mer jo elo duerchaus eng Diskussioun virstellen tëschent dem Prinzip vun der Universalitéit an deem vun dem Secret vum Vott. Mä just als Argument a just als Explikatioun am Exposé des motifs ze schreiwen, datt et net méi adaptéiert ass zu eiser Zäit, datt et u sech net méi modern ass, dat fannen ech eng Justifikatioun, déi weist heiansdo, mat wat fir enger Einfachheet, mat wat fir enger Iwwerflächlechkeet, a vläicht och am Onbewosstsäin vun all deene Prinzipien, déi jo hannendrustinn, hei eng Rei Saachen op d'Kopp gehäit ginn.

Ech froe mech: Wat ass dann net méi adaptéiert a wat heescht dann „et ass net méi modern“? Wat ass net méi modern? An ech erwaarde mer do zumindest, datt mer déi Diskussioun an déi Argumentatioun op de Prinzi-

pie kënnen féieren. Oder ass et vläicht hei modern, déi Diskussiounen an der Politik net méi ze féieren, mä emol einfach dat ze maachen, wat een am Bauch esou spiert?!

E puer Wuert iwwert d'Notioun vum Secret du vote. Éischtens ginn et jo beim Secret du vote zwee Typen vu Secret. Deen éischten, dat ass de Secret, dee mer mussen de Leit ofgarantéieren par rapport zu den Autoritéiten, wann da gewielt gëtt, wa se an d'Wahlkabinn ginn, datt se sécher sinn, datt déi Wahlen, déi se an d'Urn geheien, och net duerno kënnen identifizéiert ginn. Duerfir zum Beispill de Prinzip vun der Enveloppe oder de Prinzip vun der Urn oder de Prinzip, datt s de u sech kanns eng Operatioun erleedegen, wou kee Mënsch ka gesinn, wat s de da wiels.

An deen zweeten, dat ass dee Prinzip, dee Secret, deen s de hues par rapport zu deene Leit, déi ronderëm dech sinn, dat heescht net den Autoritéiten, mä vun deene Leit, déi ronderëm dech sinn, denge Familljen, dengem Entourage, dengem Patron, fir am Fong jiddwereen eenzel an notament déi Schwaach ofzesécheren, datt se net ënnert d'Pressioun geroden. An duerfir sinn u sech och esou Saache wéi den Isolier erfonnt ginn, wou s de eleng bass, wou s de dostees a wou s de mat dir selwer muss eens ginn, wat s de stëmms, ouni iergendeng Pressioun op dech ze kréien.

An dat ass d'ailleurs och eng Diskussioun, déi scho säit enger ganz langer Zäit leeft, am Fong méi wéi 200 Joer. Ech hunn e weénege nogebliedert, wat se schonn an Zäite vun der Franséischer Revolutioun iwwert de Secret du vote gesot hunn, a fir de Condorcet, wat ee vun deene groussen Theoretiker vun der Demokratie sengerzäit war, ee Mann, dee schonn am 18. Jorhonnert d'Wahlrecht vun de Frae promouvéiert huet, fir deen ass de Secret du vote eng vun de Basisse vum Exercice de la démocratie, well en ebe garantéiert, datt och déi Schwaach kënnen fräi ausdrécken, wat se wëllen.

An et ass am Fong lëscht, fir ze kucken, wéi de Prinzip vun dem Secret op där enger Säit a vun der Publicitéit an der Transparenz vum Vott op där anerer Säit an der Geschicht evoluéiert hunn.

Wa mer gesi bei de Réimer a bei de Griichen an och bis an d'18. Jorhonnert era gëtt et eng ganz Rei Philosophie vun der Demokratie, déi soen, datt de Vott u sech, ëmmer wann een en ausdréckt, soll transparent sinn, datt jiddweree muss kënnen wëssen, wat deen anere wíelt, a jiddwereen och d'Responsabilitéit vu sengem Vott huet an e muss public sinn.

Dat ännert lues a lues an der Geschicht. An dee Moment, wou d'Universalitéit vum Wahlrecht kënnt, dat heescht, wou méi Leit wielen a wou duerno alleguer d'Leit wielen an d'Wahlrecht kréien, ännert dee Prinzip vun der Transparenz, wou et Leit sinn, e puer Eliteteit, déi decidéieren, ännert de Prinzip, wa méi Leit decidéieren, och de Secret vum Vott, well dann och Leit, déi méi schwach sinn an der Gesellschaft, muss geschützt ginn, fir hire fräie Wëllen auszudrécken.

A säit 1820 ass dee Prinzip vum Secret och notament a Frankräich an de Loi-électorallen ëmmer präsent gewiescht. An de franséische Conseil constitutionnel schreift a sengen Analysen, notament 2003 a senger Publikatiounen, ech liesen dat vir: «A titre individuel, l'électeur doit pouvoir exprimer son choix en toute liberté. (...) La seule garantie de cette exigence est donc le caractère secret du vote qui permet d'en assurer la liberté.» An e weénege weider an der Analys seet en: «Le secret du vote qui, comme on le voit, est non seulement un droit de l'électeur mais aussi - et peut être surtout - une obligation qui s'impose à lui et à laquelle il ne peut pas déroger, semble depuis quelque temps négligé, toutes les formalités qu'il impose (isoloir, enveloppes, bulletins...) semblaient trop lourdes et inutiles.»

Pourtant, plus que jamais, il faut donner vie à ce principe et en souligner la très grande importance (...).»

Datselwecht kann een an de Pabeiere vum Conseil de l'Europe an deene leschte Jore liesen, wou esou eng Resolutioun existéiert, wou d'État-membren invitéiert ginn, fir: „de garantir le secret du vote pour tous les citoyens, y compris les populations les plus fragiles comme les personnes âgées, handicapées, illettrées“ an esou weider.

An elo klängt dat do jo alles ganz philosophesch an dat klängt alles ganz abstrakt. Mä och an der Realitéit vum Wahlgeschehen ass dat awer net esou. Ech erënnere just un déi Diskussioun - ob elo eppes hannendrustéicht oder net, wéll ech emol guer net insinuéieren -, déi mer hate bei alleguer deene leschte Wahlen, wou Diskussiounen an Altersheimer da waren, ob do Bréifwahlziedele gesammelt gi sinn oder net gesammelt gi sinn. Ech wéll net soen,

wat richtig oder wat falsch ass. Ech wéll just soen, datt och zu Lëtzebuerg esou Diskussiounen absolutt zu enger Realitéit kënnen gehéieren, op déi ee ganz einfach muss oppassen, wann een hei sech eng Rei Froe stellt.

An de Rapporteur huet gesot: „Heescht dat do dann elo, datt een d'Bréifwahl am Allgemengen a Fro stellt?“

Selbstverständlech iwwerhaapt net! Mir hunn d'Bréifwahl '82 agefouert mat an der Majoritéit vun där Zäit. Mir hunn och déi dräi, véier lescht Gesetzter, do ware mer bereet, se och ze vereinfachen. Mir sinn och elo nach bereet, wesentlech Punkten doranner ze vereinfachen, mä mir sinn och d'accord, datt de Prinzip vun der Universalitéit iwwert dem Prinzip vum Secret steet, an deene Fäll, wou mer limitativ dann opzielen, wou et fir wien onméiglech ass, fir un de Wahlen deelzehuelen, a mer limitativ soen, mä deene Leit offréiere mer dann d'Bréifwahl.

An déi Analys, déi ech elo maachen, dat ass eng Analys, déi och tel quel vum Lëtzeburger Conseil d'État, op Basis vun deem Gesetz, gedeelt gëtt. An ech wéll lech do déi zwee wichtegst Passagé vum Lëtzeburger Statsrot virlesen, dee seet: «[...] le vote par correspondance doit rester un mode exceptionnel d'expression du suffrage. Il ne peut pas être généralisé ni banalisé. Les risques d'abus qui l'entourent, qu'il ne s'agit pas de dramatiser, mais qui sont pourtant réels, sont un argument suffisant pour freiner l'accès trop facile au vote par correspondance.»

An dann, fueren ech weider, seet de Conseil d'État, andeem en dat Ganzt och mam Abandon vun dem Accusé de réception zesummenbënnt: «En banalisant et en généralisant en même temps le vote par correspondance, le projet de loi sous avis» - dat heescht deen heite Projet de loi - «risque de mettre en péril le déroulement correct des opérations électorales, ce qui pourrait, le cas échéant, ébranler la confiance des électeurs dans le processus électoral.» - Net ech soen dat, dat seet de Conseil d'État op Basis vu sengem Avis zu deem Gesetz!

Och dat däitscht Bundesverfassungsgericht huet 2013 e Jugement herausginn, wou et sech iwwert d'Bréifwahl äussert a wou et u sech seet, datt et wesentlech ass, datt d'Libertéit duerch de Secret soll garantéiert bleiwen. An et huet u sech och an Däitschland d'Bréifwahl nëmmen duerch de Fait akzeptéiert, well et zum Prinzip vun der Universalitéit bäidréit. Woubäi den Ennerscheed awer tëschent Däitschland an eis deen ass, datt mir en obligatorescht Wahlrecht hunn; fir och d'Universalitéit nach op e ganz aneren Niveau ze stellen, wéi dat an Däitschland de Fall ass.

An da fannen ech et e besonnesche Fait, datt mer de Secret du vote haut an der Lëtzeburger Constitution net stoen haten. Mir hu jo elo laang Aarbechten an der Institutionskommissioun gefouert iwwer eng nei Verfassung. An de Conseil d'État huet d'Institutionskommissioun respektiv d'Chamber dorop opmierksam gemaach an huet proposéiert, datt mer an déi nei Constitution de Secret du vote sollen aschreiwen.

A mir hunn dat och als Institutionskommissioun akzeptéiert. Mir hunn elo en Text proposéiert, den Artikel 62.(3) (veuillez lire: den Artikel 65.(3)) vun der aktueller Proposition vun der Verfassung, dee seet: «L'élection est directe. Elle a lieu sur la base du suffrage universel, par vote secret, au scrutin de liste (...)» an esou weider. Dat heescht, mir hunn déi Notioun op Basis vun deem, wat de Conseil d'État proposéiert huet, nei an d'Constitutionsproposition eragesat. Dat heescht, haut gi mer dohinne a mer verstärken de Prinzip an der Constitution op där enger Säit an op där anerer Säit weecher mer en awer ganz staark op an deem Gesetz, wat mer haut zur Ofstëmmung virleien hunn.

Ech wéll zum Schluss nach soen, aus deene selwechte Rësonnementer, déi ech elo opgefouert hunn, hu mir och als CSV eng ganz Rei Schwierigkeete mat Diskussiounen zum Beispill iwwer en eventuelle Vote par procuration, wann deen da géif kommen, well deen och géint de Prinzip vum Secret du vote géif agéieren.

A mir stellen eis och eng ganz Rei Froen an där ganzer Diskussioun iwwert de Vote électronique. Notament wann de Vote électronique géif heeschen, datt en à domicile géif gemaach ginn iwwer Internet, hätte mer eng ganz Rei Bedenken domat. Dat huet elo näischt mat deem Gesetzestext ze dinn, mä d'Rësonnement, duerfir soen ech et, ass u sech genau datselwecht an dat stellt sech an d'droite Ligne vun deem Rësonnement, wat ech elo gemaach hunn.

Par contre si mer favorabel, wann dat da méiglech ass an, wéi de Rapporteur et richtig gesot huet, wann d'Gefore vum Hacking ge-

bannt sinn duerch d'Sécherheet, déi d'Elektronik eis u sech haut gëtt, natierlech fir en elektronische Vott, wann en am Isolier gemaach gëtt, wou e sämtlech Garantië vum Secret mat sech bréngt. Dat ass eppes, wat mer evidenterweis technesch géifen ënnerstëtzen, wann et dann esou wäit wär a wann de System an d'Method déi wären, déi mer géife brauchen.

Här President, als Konklusioun géif ech soen, datt dese Gesetzesprojet vill positiv Aspekter huet, eng Vereinfachung vum Wahlrecht bréngt an och vum Bréifwahlrecht bréngt, déi mer selbstverständlech ënnerstëtzen. Mä mir hunn awer e Problem mat der kompletter Gläichstellung vu Bréifwahl op där enger Säit a klassem Wahlrecht an der Kabinn op där anerer Säit, well d'Bréifwahl, also allgemeng, wéi et hei formuléiert ass, eis net déiselwecht Garantië gëtt vum Secret an domat vun enger ganzer a kompletter Wahlfräiheet, vun där mer mengen, datt mer se awer onbedéngt brauchen, déi op jidde Fall an eisen Aen enorm wichteg ass.

An duerfir kann d'CSV-Fraktioun desen Text net stëmmen. Mir wäerten also dergéint stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den Här Rapporteur freet d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.** - Jo, Merci, Här President. Ech wéilt vläicht just eng kuerz Remark maachen, wann Der erlaabt, well ech awer iergendwéi indirekt ugeschwat gi war an der Ried vum Här Claude Wísel, wou gesot ginn ass, et wieren eigentlech keng Argumenter gewiescht, weder am Projet de loi nach am Rapport oder esou. Ech wéll awer präzisieren, datt souwuel am schrëftleche Rapport, an ech hunn och versicht, mer besonnesch Méi ze ginn a mengem mëndleche Rapport, fir eng ganz Rei Argumenter, ech mengen, et waren der mindestens véier oder fënnf, opzezielen, firwat...

Éischtens, déi Tendenz, déi mer feststellen. Ech hat d'Zuele genannt. Dat huet domadder ze dinn, datt och zum Beispill méi Studenten am Ausland sinn, déi awer wëllen d'Bréifwahl maachen an esou weider. Och déi Tendenz, datt manner Leit iwwerhaapt hir Wahlpflicht erfüllen, fir och domat deem kënnen entgéintzewirken.

Ech ziele se elo net méi alleguerten op. Ech wéll einfach nëmme präzisieren, datt dat awer souwuel am schrëftleche wéi och am mëndleche Rapport eng ganz Rei Argumentatiounen waren.

Ech bedauern dat dofir och. Et ass awer einfach: Ech stellen eng Tendenz fest, där och muss Rechnung gedroe ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci gesot. D'Wuert huet elo deen nächste Riedner: den Här Alex Bodry fir d'LSAP.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, wéi de Rapporteur mat Recht ervirgehewen huet, an ech géif em och Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, ass et dës Kéier déi zweete Kéier, wou mer eis an deser Mandatsperiod mat enger net onwesentlecher Reform vun eise Wahlgesetz beschäftegen.

Mir hunn dat virun e puer Méint gemaach, andeem mer diskutéiert hunn iwwert d'Festleeung vun de Wahlterminer, vun den Datumer vun de Chamberwahlen, an d'Verlängerung vun der Mandatsdauer vun der Chamber bis iwwert d'Wahlen raus, den drëften Dëschden no deem Wahltermin. Eng wichteg Reform.

An dës Kéier ass et en aneren zentrale Punkt bei deser Reform, deen an d'A spréngt. Et ass d'Bréifwahl, déi verallgemengert gëtt an déi also vun enger extraordinärer Form, fir säi Wahlrecht auszeüben, zu enger ordinärer Form gëtt, fir säi Wahlrecht auszeüben, gläichberechtigt mat dem Gang an de Wahlbüro. Bréifwahl a Bulletin am Wahlbüro sinn, wann dat Gesetz hei gestëmmt ass, gläichberechtigt.

Dat ass an den Ae vun der LSAP en Akt vun Demokratisierung vun eise Wahlrecht. Et ass och e wichtigen Akt, fir de Leit och voll d'Méiglechkeet ze ginn, hirer Wahlpflicht nozekommen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg net nëmmen e Wahlrecht, e Recht, fir wielen ze goen, mä mir hunn och hei zu Lëtzebuerg eng Wahlpflicht. A wann een eng Wahlpflicht virgesäit, da muss een deem Bierger och all d'Méiglechkeeten zur Verfügung stellen, fir där Wahlpflicht och kënnen tatsächlech nozegoen.

An eisen Aen ass also och deen heiten Text kengeswees eng Gefor oder e Risiko fir eis Demokratie. Et ass éischer eng Chance fir eng zousätzlech Attraktivitéit vun eise demokratesche System vu Wahlen a vu Referenden.

De Bierger kritt also duerch deen heiten Text d'Wiele méi einfach gemaach. An dat kann an eisen Ae kee Feeler sinn. Et ass gutt esou, dass dat geschitt. Lëtzebuerg mécht entgéint deem,



wat een hätt vläicht kënnen mengen, wann een dem Virriedner hei nogelauschtert huet, hei och net eppes Exzeptionelles, wat et net och géif an aneren demokratesche Länner, besonnesch hei an Europa, ginn.

An Däitschland ass d'Bréifwahl an de 50er Joren agefouert ginn. Se ass méi spéit an enger zweeter Etapp verallgemengert ginn, net méi u Konditione gebonne ginn. A bei de leschte Bundestagswahlen hunn ëmmerhi knapp 29% vun de Wieler an Däitschland vun der Bréifwahl profitéiert.

Datselwecht gëllt fir Éisträich, wou déi Bréifwahl och an zwou Etappe verallgemengert ginn ass. Genau dat, wat mir mat deem heiten Text hei ustriewen, dat gëtt et an der Schwäiz, wou sämtlech Wahlen entre-temps, dat alles huet sech och do progressiv gemaach, opgemaach gi si fir d'Bréifwahl.

An och Länner wéi England, wéi Spuenien a wéi Irland - wat jo bestëmmt gutt fonctionnéierend parlamentaresch Demokratie sinn; England ëmmer nach als Urzell eigentlech vum Parlamentarismus ugesi gëtt - kennen d'allgemengt Bréifwahlrecht. Genau dat, wat mer hei maachen.

Ech kann also wierklech net déi Argumentatioun novollzéien, déi den Här Wiseler am Numm vun senger Fraktioun hei virbruecht huet, well déi eenzeg logesch Konsequenz vun deem Raisonement war eigentlech, dass ee misst an alle Fäll géint d'Bréifwahl sinn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Well wat ass dann dee System, dee mer haut hunn?

(Brouhaha)

Wat ass dee System, dee mer haut hunn?

(Interruptions diverses)

Jo. Ech mengen,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Wann Dir sot, wat ech hätt misse soen...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift! Hei huet jiddwereen d'Geleeënheet, fir seng Argumenter auszedrücken.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Et war elo eng Argumentatioun, wou Der sot, wat ech hätt misse soen, wat ech awer net gesot hunn.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Wann een déi Argumentatioun vun der CSV hei bis un d'Enn féiert, da sinn et alles Argumenter, déi géint de Prinzip...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Also, Här Bodry, ech hu se bis un d'Enn gefouert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...vun dem Bréifwahlrecht sinn, well se de Prinzip selwer a Fro stellt. Duerch d'Argumentatioun...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Neen. Ech hu gesot, mir hätten zwee Prinzipien, déi sech géintenee géifen ausspillen. Ech géif meng Argumentatioun... Wann Der se féiert, da sollt Der se och richtig féieren.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ech wëll lech elo...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift! Am Moment huet just den Här Bodry d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - D'Géigiered ass jo wichteg an dem Parlamentarismus, an da loosse mer déi och hei féieren.

Wat sinn nämlech d'Argumenter? D'Argumenter sinn.... Dat Haaptargument, wat een och an der Doktrinn an an allen Diskussiounen, och am Ausland, liest, ass de Risiko, dass effektiv notament de Secret net géif respektéiert ginn, de Risiko vu Mëssbräich.

Bon, da soen ech, dat hunn ech och scho bei aneren Decisiounen an Diskussiounen hei gesot: Wann een e Gesetz op Angscht opbaut, seng Positioun op Angscht viru Risiken oder vu Mëssbräich opbaut, da maache mer gläich keng Gesetz méi, well ëmmer e Reschtrisiko besteet, dass een oder aneren Text emol ka mëssbräichlech agesat ginn.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat ass d'Protektioun vum Schwaachen, de Prinzip.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Wat hu mer 1984 gemaach an an deene Reformen duerno? Et ass jo eng lues Entwécklung gewiescht, wou d'CSV bis elo nach ëmmer bei allen Etappe mat derbäi war. An elo an der leschter Etapp verléisst se eis op deem dote Wee.

Well et ass jo 1984 ugaange mat engem ganz restriktiven Text. An d'LSAP-Fraktioun huet deemools zu de kriteschte Begleeder vun deem Ganze gehéiert, well effektiv och deemools gesot ginn ass: Mir müssen oppassen. Wann eeler Leit dat dote kréien - dat ass de Problem vun den Altersheimer -, gëtt do net versicht, dann Afloss ze huelen? An esou virun an esou weider.

Et heescht, an eise Wahlgesetz hu mer... D'Wahlgesetz ass jo an zwou Etappen eng Kéier reforméiert ginn.

Eng Kéier ass opgemaach ginn nach eng Kéier fir déi Leit ab 75 Joer. Wéi d'Wahlpflicht eropgesat ginn ass vu 70 op 75, ass gesot ginn: Mä da musse mer awer deene Leit d'Méiglechkeet ginn, fir dann och kënnen wielen ze goen.

A wéi mer dat besteeënd Wahlgesetz gemaach hunn, ass och nach eng Kéier un de Bedéngunge gefréckelt ginn. An et ass eng Ouverture gemaach ginn un de Bedéngungen, fir kënnen op d'Bréifwahl zréckzegräifen, notament fir déi Leit, déi an d'Vakanz ginn. Déi waren nämlech bis elo ausgeschloss gewiescht.

Et waren eigentlech just, géif ech soen, déi vulnerabelst Deeler vun der Populatioun, déi d'Recht haten, op d'Bréifwahl zréckzegräifen. Et waren déi eeler Leit, déi krank Leit an déi ganz jonk Leit. Dat waren déi, déi vun Ufank un d'Wahlrecht haten. Dat sinn déi, well se vulnerabel sinn, wou a priori de Risiko, dass eng Aflossnam vu bausse kennt, dass Mëssbräich geschéien, am gréissten ass.

► **Une voix.** - Voilà!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Elo, wou mer dohinnerginn a mir demokratiséieren dat Bréifwahlrecht, dat heescht, mir gi jiddwerengem déi dote Chance, also och Leit, déi net al sinn, déi net ganz jonk sinn, déi am Berufsliewe stinn, déi Experienz hunn, mir ginn deenen déi dote Méiglechkeet, fir op d'Bréifwahl zréckzegräifen, elo gesäit d'CSV op eemol e grouse Problem, fir deen dote leschte Schrack ze maachen!

All hir Argumenter sinn opgebaut op Mëssbräich, déi besonnesch bei vulnerabele Populatiounen géife gëllen. Dat hätt also missen derzou féieren, dass dann d'Bréifwahl hei zu Lëtzebuerg éiweg vun hinne ofgeleent gi wier. Se hunn awer all déi Reforme bis elo ëmmer matgestëmmt an zum Deel souger iwwer hir Ministere mat initiéiert. Duerfir kann ech hire Gedankengang eigentlech net novollzéien, well dat net a Konkordanz steet zu deenen Haltungen, déi se bis elo ëmmer an där doter Fro haten.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat ass deeselwechte wéi dee vum Conseil d'État, well ech just soen.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Et muss een och éierlech soen...

Jo, ech kommen nach eng Kéier drop zréck, wat fir eng Approche ee kann zu Gesetzer an zum Wahlrecht hunn an zur gesellschaftlecher Entwécklung. Do gëtt et zwou Approchen. Mir schéngen net déiselwecht Approchen ze hunn, wéi een un déi Saachen erugeet. Mä dat soen ech zum Schluss vu menger Interventioun.

Also, da wëll ech nach eng Kéier soen, dass mer hei an enger internationaler Bewegung dra sinn, déi tendenziell d'Bréifwahl méi grouss opmécht. Et gëtt och Länner, déi et praktesch nach net kennen. Et gëtt Länner, déi se nëmme virgesi fir Leit, déi am Ausland wunnen, an et sinn, wéi gesot, Länner wéi Lëtzebuerg, déi se relativ breet opgemaach hunn.

Dat geschitt nach eng Kéier, nodeem jo awer Erfahrung gesammelt ginn ass. Et ass jo net, wéi wann tëschent 1984 an 2018 keng Zäit vergaange wier. Dat si 34 Joer. A 34 Joer, mengen ech, huet ee gesinn, dass awer, mat alle Kriticken op deem engen oder deem anere Punkt, mat där enger oder anerer Contestatioun, déi emol konnt lokal gemaach ginn, de System fonctionnéiert, dass een also net ka soen, dass zu Lëtzebuerg elo e Mëssbrauch gemaach ginn ass mat deem dote Bréifwahlrecht.

Dat ass am Gros gutt agesat ginn. An et huet ëmmer méi Succès kritt, well et gesäit ee jo an den Zuelen - d'Zuel vun deenen, déi matgemaach hunn; déi héchsten Zuel hu mer beim Referendum vun 2015 erziilt mat ronn 9% vun de Stëmmen, déi iwwert deen dote Wee ofgi gi sinn -, dass sech also do eng Entwécklung gemaach huet, déi positiv ass.

An ech mengen, déi positiv Erfahrung, déi mécht et jo méiglech, dass mer elo deen heiten, dee leschte Schrëtt wëlle maachen a jiddwerengem de fräien Zougang zu der Bréifwahl ginn, an dat fir all Urnegäng, ob dat elo lokaler sinn, ob dat nationaler sinn, ob dat d'Europawahl oder de Referendum ass.

An ech mengen, dass dat e richtige Schratt ass, dee mer also net à la va-vite maachen, oniwwerluecht, mä opgrond vun där praktescher Erfahrung, déi mer a méi wéi dräi Jorzéngten hei op där doter Fro gemaach hunn. Eng Erfahrung, déi insgesamt positiv ass. Bei deene vulnerabelste Populatiounen, wou wierklech de Risiko am gréissten ass, dass ee kéint manipuléieren, huet ee gesinn, dass dat awer u sech Ängster waren, déi sech eigentlech net bestätegt hunn.

An duerfir, mengen ech, sollt een de Courage hunn, fir do e Schratt weiderzagoen a jiddwer-

engem déi dote Méiglechkeet ze ginn. Ech mengen, dass et eng ganz richtig Entscheedung ass, fir deen dote Wee ze goen.

Dat féiert derzou, dass déi Prozedur och ka vereinfacht ginn. Et brauch een net méi Justificatif an zereechen. Et brauch een net méi Attestatiounen ze liwweren, wou dat och nach vu Gemeng zu Gemeng anescht interpretéiert ginn ass. Déi eng hu Schrëttstécker verlaangt, wann d'Leit an d'Vakanz gefuer sinn. Déi aner waren zefridden, wann d'Leit gesot hunn: „Mir ginn an d'Vakanz.“

Also, et hat een och nach eng ongläich Applikatioun vum aktuelle Wahlgesetz iwwert d'Land. Doduerjer, dass mer déi Bedéngungen hei eigentlech ofschafen, gëtt dat alles vill méi einfach. Et geet duer, dass een natierlech dat aktivt Wahlrecht huet. An et muss een d'Demander an den Delaie stellen.

D'Delaie stellen e Problem duer, well mer hei beim Prinzip vun der Bréifwahl bleiwen an net an e System ginn, deen et an anere Länner och gëtt, vun enger virgezunnener Wahl. Et gëtt Länner, déi, nieft der Bréifwahl oder als Remplacement vun der Bréifwahl, och de Wieler d'Méiglechkeet ginn, schonn an deene Woche virun de Wahlen hir Wahlstëmm ofzeginn, wou also net alles iwwert d'Post leeft - bei eis fuere mer jo exklusiv hei iwwert d'Post -, mä wou se d'Méiglechkeet hunn, dat dann a spezifesche Wahllokaler ofzeginn, déi da pro Gemeng age-riicht sinn, fir och engem Maximum vun de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, sech un deene Wahlen ze bedeelegen.

Och dat ass eppes, wat ee kann an d'A faassen. Dat kann ee komplementär gesinn, muss een awer net gesinn. Fir einfach nëmmen ze soen, dass et an där heiter Fro eng Multitude vu Systemer gëtt, déi historesch gewuess sinn. An eise System hei ass och zënter den 80er Joren historesch gewuess a mécht déi Entwécklung mat, déi an alle Länner geschitt ass, déi eigentlech dat dote Bréifwahlrecht agefouert hunn.

Dat geet a Richtung hin zu enger Extensiou vun de Méiglechketen, fir vun deem Bréifwahlrecht Gebrauch ze maachen. An ech mengen, besonnesch an engem Land, wou eng Wahlpflicht besteet, ass dat doten e wichtigen Akzent, deen ee setzt am Interessu vum Bierger, ouni dass domadder eis demokratesch Gepflogenheete géifen a Gefor gesat ginn.

Et ass gesot ginn, dass déi heite Reform net nëmmen d'Bréifwahl betrëfft, mä och nach aner Punkte betrëfft, déi net onwesentlech sinn. E puer sinn der méi technescher Natur, mä eppes, wat all Wieler muss wëssen, dat ass: Wéi weist e sech aus, wann en an de Wahlbüro geet? Dat ass net esou evident. An do ass et oft esou, dass d'Leit heiansdo nëmmen hir Convocatioun bei sech hunn, heiansdo nëmmen eng Pièce d'identité bei sech hunn an hir Convocatioun awer doheem leie gelooss hunn. Alles dat féiert zu Problemer. Elo ass et hei kloer.

D'Convocatioun selwer ass net méi obligatoresch, fir se virzeweisen. Et muss een eng Pièce d'identité hunn. Et muss een also e Pass oder eng Carte d'identité hunn, fir sech auszuweisen. Et ass wichteg, dass dat dote gewosst ass, fir dass d'Leit net onnéideg herno geplot sinn, wa se den Dag wëllen an de Wahlbüro goe mat Hin an Hier, ier se dann a Conformitéit sinn zu deem neie Text.

Spezifesch Dispositiounen si virgesi fir déi Leit, déi blann sinn oder déi ganz schlecht gesinn. Ech mengen, och dat ass e Schrëtt a Richtung Demokratiséierung vun eise Wahlrecht an der Méiglechkeet fir jiddwereen, fir och sengem Recht an der Wahlpflicht gläichzäiteg nozekommen.

Eng Fro, déi ech nach stelle muss - an duerfir plädéieren ech weiderhin, dass mer och eis Wahlgesetz nach eng Kéier insgesamt op de Leescht huelen, well et ass eng gewëssen Inkohärenz an deem Text dran, well et oftmols ëmgeännert ginn ass, an da klappt et net méi 100%eg mat der Terminologie a mat den Delaie iwwereneen -, dat sinn d'Strofbestimmungen vun eise Wahlgesetz. Och déi sinn zwar, optesch gesinn, an engem relativ rezenten Text, dem aktuelle Wahlgesetz, mä déi sinn awer oft onverännert iwwerhol ginn „aus alten Zeiten“. An do stinn Dispositiounen dran, iwwert déi mer müssen diskutéieren, ob déi eigentlech nach zäitgeméis sinn. Ech denken do un eng.

Dat ass de leschten Alinea vum Artikel 95 vun eise aktuelle Wahlgesetz, dee seet: «Est (...) puni (...) quiconque, en tout temps et dans un but électoral, a visité ou fait visiter (...) plusieurs électeurs.» Dat mécht et zum Beispill zu Lëtzebuerg onméiglech, bei ee schellen ze goen, him eppes ze ginn, wat zum Beispill an England an an anere Länner Praxis ass, oder wou d'Leit Appartementsreuniounen maachen, wou se hir Nopereen invitéieren, fir eng politesch Diskussioun ze féieren.

Dat ass eigentlech mat eise Text onméiglech. Et ass strofbar. Et si relativ héich Geldströfe

virgesinn. Dat war, géif ech soen, bei der Aféierung vun eisem allgemenge Wahlrecht hei zu Lëtzebuerg vläicht ubruecht. Ech muss awer éierlech soen: Et muss ee sech awer d'Fro stellen, ob dat haut am 21. Jorhonnert nach ubruecht ass. An ech sinn do vläicht enger anerer Meenung wéi den Här Wiseler. Traditione sinn eppes Wichteges, mä d'Zäit geet awer och virun! An et kann een net ëmmer nëmmen no hanne kucken. An et muss een also kucken...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ah, wann Der et esou ausdréckt, sinn ech zwar och där Meenung.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Wat richtig war virun 100 Joer, ass sécherlech och am Wahlgesetz net méi onbedéngt haut richtig. Et muss een also bereet sinn, déi dote Saachen a Fro ze stellen. An do ass dat doten eng Fro, déi ee sollt kucken.

Gläichzäiteg kann een och kucken, wann ee sollt feststellen, dass elo mat deem neien Text vun dem Bréifwahlrecht tatsächlech géife méi Problemer entsto, wéi mer der bis elo haten - wouvun ech eigentlech net ausginn, mä et kann ee jo näischt ausschléissen -, ob een net do och misst eise Wahlgesetz komplettéieren mat Strofbestimmungen fir Leit, déi u sech am Numm vun aneren, ouni beoptragt ze sinn, esou Wahlziedelen ausfüllen.

Dat ass bis elo ausdrécklech net ënner Strof gestallt bei eis. Do muss ee schonn erfinderesch sinn, fir Artikelen ze fannen, am Code pénal vläicht, fir dat doten ënner Strof ze stellen. An déi Däitsch hu jo eppes Ähnlech gemaach - ob dat vill bréngt, ass eng aner Fro -, wou d'Leit musse selwer mat hirer Ennerschrëft deklaréieren, dass si dat ausgefüllt hunn an dass se dat aus fräie Stécker gemaach hunn.

Et kann een also drun denken, wa Problemer géife kommen, fir op esou e Wee ze goen. Ob dat an der Praxis vill ännert, ass eng aner Fro, mä et hätt een zumindest awer och eng stroferechtlech Handhab, fir vläicht dergéint virzegoen, wann et da wierklech néideg géif ginn. Also, do ass nach, géif ech soen, Matière do, fir ze diskutéieren. Mä u sech ass awer keen zwingende Grond, fir déi dote Reformen elo gläichzäiteg mat deem heiten Text ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss vu mengen Ausféierungen. Hei ass ganz einfach fir mech och d'Fro vum Choix; en Term, dee jo aner Partei ganz gären hei an aneren Dossier heichhalen, dee fir eis als Sozialisten och wichtig ass. Mir wëllen de Wieler hei e Choix ginn! E Choix, hiert Wahlrecht auszeüben, sief et andeems se sech um Dag vun de Wahlen an de Wahlbüro deplacéieren oder andeems se d'Bréifwahl benotzen. De libre Choix, jo, fir d'Wieler, fir hiert Wahlrecht an hir Wahlpflicht auszeüben.

An ech mengen, och hei wier et wichteg bei dëser Diskussioun, dass och de Wieler vläicht politesch e Choix huet. E Choix huet tëschent Parteien, politesch Kräfte, déi keng statesch Vue hu vun der Entwécklung vun der Gesellschaft, mä déi fir eng dynamesch Entwécklung vun enger Gesellschaft sinn an déi gesellschaftlech Entwécklung wëlle begleeten, och juristes, och wat eise Rechtssystem ugeet, déi der Meenung sinn, dass een d'Ausübung vun engem Wahlrecht an d'Participation démocratique haut anescht muss gesi wéi nach virun 100 Joer, dass een also och muss haut bereet sinn, aner Forme vu Participatioun, och wat d'Ausübung vum Wahlrecht ugeet, ze gesinn, wéi dat virun 100 Joer nach de Fall war.

An et schéngt zumindest eng Partei hei ze sinn, déi nach ëmmer ausschliisslech un den Traditionen hängt an net bereet ass, am demokratesche Prozess och nei Weeër ze goen an nei Forme vun Ausübung vum Wahlrecht ze berücksichtegen. Dee Choix gëtt och bei dëser Diskussioun ganz kloer. Et ass um Wieler, déi richtig Konklusiounen doraus ze zéien.

Mir wäerten als LSAP déi heite Reform stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Deen nächste Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Ech fänken dann direkt do un, wou mäi Virriedner opgehalen huet. Ech kann och nëmme seng Analys deelen. Engersäits seet d'CSV, se wier net géint d'Bréifwahlrecht, an anersäits ass se géint eng Verallgemeinerung, wat awer heescht, dass se zouléisst, dass déi vulnerabel Gruppen därfer per Bréifwahl wielen, déi aner Leit alleguer net.



Fir eis als Gréng ass et ganz evident kloer, datt de Secret vum Vott eppes ganz, ganz Wichtige ass. An dat huet och näischt mat engem Massephenomeen ze dinn. De Secret de vote vum Eenzelnen ass genausou wichteg wéi dee vun zwee, dräi an 100 Leit. An duerfir ass och fir mech dee Gedankegang vun der CSV net nozevollzéien. Dat als Introduktioun. An ech...

(Interruption par M. Claude Wiseler)

Wann Dir dat net verstanen hutt, Här Wiseler, ech si jo eréischt am Ufank. Ech hunn nach elo hei 15 Minutten. A wann Der dann net verstanen hutt, wat ech wëll soen, da freeën ech mech drop, datt Der mech dann nach eng Kéier frot.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech hunn elo deem éischte Saz net verstanen.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Mat dem Gesetzesprojet...

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Normalerweis verstinn ech zwar d'Saachen.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- ...ännere mer verschidde Punkte vun eisem Wahlgesetz. All Ännerungen, déi mer haut decidéieren, hunn hir Wichtegkeet, mä, ech mengen, mir hunn et gemierkt: Souwuel an der Institutionskommissioun wéi och hei an der Chamberberdebatt war de Fokus op déi Ännerunge geriicht, déi de Vote par correspondance betreffen.

Mat dësem Gesetz maache mer et ganz einfach, fir de Vote par correspondance unzefroen. Mir generaliséieren de Vote par correspondance. An dat gefält net just der CSV net, dat ass scho gesot ginn, dat huet och dem Statsrot net gefall. Schonn 2002 hat de Statsrot an engem Avis festgehalen, datt de Vote par correspondance weder generaliséiert nach banaliséiert sollt ginn. Mä genee dat maache mir haut, wa mer dëst Gesetz stëmmen.

De Statsrot ass also net frou mat dëser Ouverture an argumentéiert, datt et sech beim Wahlvirgang ëm ee kruziale Moment vun dem demokratesche Liewen an eisem Land handelt an datt mer mussen assuréieren, datt de Wahlvirgang sekuriséiert bleift an de Seriö vun der Wahlprozedur net därerf a Fro gestallt ginn.

An op deene Punkte gi mer alleguer dem Statsrot recht. A wa mir Gréng haut de Projet de loi wäerte stëmmen, dann, well mer der Iwwerzeegung sinn, datt mer mat dëser Reform de Wahlprozess net a Gefor bréngen, mä dem Wieler a Bierger entgéintkommen an d'Méiglechkeet, säi Wëlle bei der Wahl auszudecken, méi einfach maachen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- De Statsrot zitt awer aner Konklusiounen.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Ech wëll dann och nach eng Kéier déi Argumenter uféieren, déi eiser Meenung no derfir schwätzen, dem Wieler an de Wielerin de fräie Choix ze ginn, ob hien oder si wëllt um Wahlsonndeg an e Wahlbüro goen, oder tëschent 12 Wochen a 25 Deeg, wann hien oder si zu Lëtzebuerg wunnt, oder tëschent 12 Wochen a 40 Deeg, wann hien oder si am Ausland wunnt, virum Wahlsonndeg säi Wielerwëllen iwwer eng Bréifwahl ausdrécken.

Och wa mer d'accord sinn, datt de Wahlprozess ee ganz wichtigen ass, da solle mer dem Wieler et awer méiglechst einfach maachen, un der Wahl deelzehuelen. Vill Leit zu Lëtzebuerg sinn zimlech vill an oft am Ausland ënnerwee. Wann ee seng Vakanz plangt, ouni de Wahltermin ze berücksichtegen, dat ass déi eng Saach. Heiansdo huet een awer net onbedéngt de Choix, souguer wann ee seng Vakanz plangt. Heiansdo komme berufflech Engagementer derzou. De Rapporteur huet och scho vun de Studenten am Ausland geschwat, déi och net alleguer an den Nopeschsted sinn.

Mir sinn eent vun deene ganz weínege Länner, déi eng Wahlpflicht hunn. Mir verflüchten also eis Bierger, fir u Wahlen deelzehuelen. A wa se dat net maachen, da riskéiere se, zumindest theoretesch, bestrooft ze ginn. Duerfir si mer och zu Lëtzebuerg derzou opgefuert, eise Matbierger entgéintzekommen an aus der Pflicht an der Verflüchtung keng Corvée ze maachen.

E weidert Argument, fir déi Regelung, wéi mer se bis elo haten, falen ze loosse, ass d'Gerechtkeet an d'Gläichbehandlung vun de Leit. Et ass net logesch, datt de Lëtzeburger vu Párel oder Arel automatesch därerf mat Bréifwahl wielen an de Lëtzeburger vu Schengen oder Habscht net. Den eelere Mënsch vu 75 Joer kann automatesch op d'Bréifwahl zrëckgräifen, dee vu 74 net.

An derbäi kënnt, an dat ass an eisen Aen och wichteg, datt ee bis elo huet misse e Grond

uginn, wann ee senger Pflicht als Bierger net konnt perséinlech a sengem Wahlbüro nogoen: «les électeurs qui, pour des raisons professionnelles ou personnelles dûment justifiées, se trouvent dans l'impossibilité de se présenter en personne devant le bureau de vote (...)», déi hu kënne d'Wahl iwwer Bréif ufroen.

Mir wëssen awer och alleguer, datt dat zwar am Text steet, mä kee Mënsch dat kontrolléiert huet. Et pour cause! Wie soll da wann ech gelift op wéi eng Aart a Weis kontrolléieren, ob e Wieler oder eng Wielerin berufflech oder perséinlech Grënn huet, déi „dûment justifiées“ sinn, fir d'Bréifwahl unzefroen oder net?

A wa mer eppes an engem Gesetz stoen hunn, wou sech souwisou kee muss drun halen, da mécht et an eisen Aen och Sënn, da misst déi éischt Fro sinn: Brauche mer dat am Gesetz? A wann d'Äntwert Jo ass, da musse mer eis d'Méiglechkeet ginn, fir dat ze kontrolléieren. An duerfir si mer frou, datt mer an dësem Fall mat enger Neen-Äntwert zefridde sinn.

Mir sinn der Meenung, datt et bei der Wahl drëm geet, méiglechst vill Bierger participéieren ze loosse, an net un éischter Stell ëm d'Ritual ronderëm de Wahlsonndeg, och wann ech dat Ritual perséinlech ze schätze weess a ganz sympathesch fannen.

Nach eng Kéier, wann den Här Wiseler mech déi éischte Kéier net verstanen huet: D'CSV stellt jo net d'Bréifwahl u sech a Fro.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Richtig!

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- A wann ech mer den Exposé vum Här Wiseler duerch de Kapp goe loosse, da fannen ech et awer erëm eng Kéier komesch, well de Secret de vote, dee misst fir eis genausou wichteg si wéi fir déi Leit, déi iwwer 75 Joer al sinn, fir déi Leit, déi bis elo zougestane kritt hunn, mat Bréifwahl ze wielen. Et ka jo net sinn, datt d'CSV vläicht der Generatioun vun den iwwer 75-Järeg méi an deem Sënn traute wéi deene Jonken. Ech gesi wirklech déi Logik net. Entweder ass d'Bréifwahl esou ze organiséieren...

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dat do ass awer elo... Dat do ass awer elo eng peenlech Ennerstellung, déi...

► **Mme Nancy Arendt (CSV).**- Dat ass eng Ennerstellung. Dat ass eng Ennerstellung!

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Entweder, Här Wiseler, ass d'Bréifwahl esou ze organiséieren, datt de Vote secret garantiéiert ass, oder si ass et net. A wa se et net ass, da gëllt dat fir jiddwereen. A wa se et ass, soll et och fir jiddweree gëllen. Dat ass op alle Fall eis Positioun.

► **Mme Octavie Modert (CSV).**- Firwat hutt Der dann net de Vote digital par correspondance zougelosst?

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Ech maachen och nach eng kleng Klammer op. Mir hunn näamlech nach eppes am Wahlgesetz stoen, wat keen esou richtig kontrolléiert: d'Wahlpflicht.

An och hei hu mer eis als Partei d'Fro gestallt: Brauche mer dat oder net? A mir hunn eis esouguer als Partei erlaabt, eis Meenung ze änneren. Viru Joren hu mer nach gemengt, et sollt een d'Wahlpflicht ofschafen. Haut si mer, ech menge wéi all déi aner Parteien heibannen, der Meenung, datt mer sollen d'Wahlpflicht bäibehalen. Ech ginn net op den Detail an. Mä am Resumé si mer der Meenung, datt mer eis et net erlabe kënnen, an engem Land, wou just 50% vun de Residenten därerf wéi goen, och nach eng Abstentoun vu ronn 50% ze kréien. Dat ass den Taux a munche vun eisen Nopeschlänner, an eigentlech besteet keng Ursaach, unzehuelen, mir géifen anescht funktionéiere wéi eis Noperen.

Well mer also hei op d'Fro: „Brauche mer eng Wahlpflicht am Wahlgesetz?“ mat Jo äntweren, musse mer eis och eng Kéier mat de Konsequenze befaassen, wat d'Leit betrëfft, déi d'Gesetz net anhalen. Mir mengen net, datt mer mussen drastesch Strofen definéieren. D'Sanktiounen, wéi se am Gesetz stinn - iwwert déi ee gären eng Kéier kann diskutéieren, wéi den Här Bodry et ugedeit huet -, déi si lagement héich genuch. Et ass och net schwéier, feststellen, wie géint d'Gesetz verstéisst. Mir mussen eis just ee Moyer ginn, fir deene Leit awer méiglechst onbürokratesch ze soen, si missten eng gewësse Strof bezuelen, well déi Leit, déi sech un d'Gesetz halen, sollen net d'Gefill kréien, si géife fir domm verkaaft ginn.

Et därerf een an enger Demokratie verlaangen, datt de Bierger vu sengem Wahlrecht Gebrauch mécht, och wann dee Saz elengschon eng Häresie ass. A wann een dann u sengem Schreifdësch sëtzt a mengt, vun alle Kandidaten wier quer keen drënner, deen ee kéint wielen, da soll ee säin Ziedel eidel an d'Enveloppe stiechen. Et därerf ee souguer eng Dummheit oder eng Frechheet op den Ziedel schreiwen,

och dat ass erlaabt. An da kann een den Ziedel ofschécken.

Ech géif et natierlech vill méi richtig fannen, wann ee wierklech kee fënnt, deen ee kéint wielen, datt ee sech da géif selwer engagéieren. Der Politik ginn all Joers ganz vill Capacitéit verluere vu Leit, déi ganz vill wëssen, awer net bereet sinn, sech fir en Engagement fir d'Gesellschaft hierzeginn.

Natierlech stellt sech d'Fro, ob d'Bréifwahl sécher ass. Mir gi gären zou, datt d'Méiglechkeet fir eng Fraude hei méi grouss si wéi bei dem klasscheschen Urnegang. Mir mengen, et soll een op kee Fall nolléisse ginn. Mir mengen, datt och d'Aufgab vum President an de Membere vun engem Wahlbüro eng ganz wichteg ass an datt déi Leit vill Verantwortung droen. Ech froe mech souguer, ob d'Wahlgesetz streng genuch ass mat de Kritäre fir de President vun engem Wahlbüro. Ech fannen et zumindest fragwürdig, wann de President vun enger politescher Partei och President vun engem Wahlbüro ass, och wann en dat därerf sinn.

Mir mengen, datt och mat den Erliichterungen, déi mer haut debattéieren an hoffentlech och stëmmen, d'Bréifwahl sécher genuch ass. Dat, wat ewechfällt, den ageschriwwene Bréif an d'Ennerschrëft vum President vum Wahlbüro op der Enveloppe, ware kee Garant fir méi Sécherheet.

Ech hat oft d'Geleeënheet, als Wahlbeobachter an deene jonken osteuropäeschen Demokratien, sief et an Albanien, Georgien, der Ukrain an äänleche Länner, e Wahlprozess ze suivéieren. Mir sinn ëmmer gebriecht ginn, fir no méiglechen Unzeeche vu Stëmmekaf, vu Family Voting, also wou de Patriarch vun der Famill seng Fra a Kanner beim Wiele bis an d'Wahlkabinne begleet huet, ze kucken. Esou Praktike ginn duerch d'Bréifwahl méi einfach. Mä éischters dierfte mer dann, an dat hunn ech scho gesot, och net d'Bréifwahl fir déi iwwer 75-Järeg erlaben. An zweetens, an do zitéieren ech de Schwäizer Politolog aus dem „Wort“ vu gëschter: Da musse mer awer scho vill Mësstraue vis-à-vis vun eise Lëtzeburger Wieler am 21. Jorhonnert hunn!

Mir si jo iwwregens och net dat éischt Land, dat dem Wieler de fräie Choix zougesteet, wéi hie wéiell. An Däitschland, och den Här Bodry hat dat schonn ugefuert, do ass d'Be-grënnung, fir dierfe per Bréif ze wielen, 2008 ofgeschafft ginn. Dat war ënner enger Groko. D'Zuele vun de Leit, déi dovun Gebrauch gemaach hunn, si steteg an d'Luucht gaangen a louchen 2017 bei 28,6% vun der Wielerenschaft. An och bei eis ginn d'Zuele vun de Bréifwieler schonn an d'Luucht. An et ass och domat ze rechnen, datt déi Zuelen elo nach vill méi héich ginn.

Déi däitsch Konservativ - dat ass mäi Resumé - hunn also méi Vertrauen an den däitsche Wieler wéi déi Lëtzeburger Konservativ an de Lëtzeburger Wieler.

► **Une voix.**- Voilà!

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Liest d'Räsonnement vum Bundesverfassungsgericht!

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Ech hunn och déi gelies an och déi zur Kenntnis geholl. Mä dann huet Dir, Här Wiseler, och zur Kenntnis, datt mer an eisem Nopeschland mëttlerweil 28,6% vun der Wielerenschaft hunn, déi vun der Bréifwahl profitéieren. An och d'Gericht an Däitschland huet d'Bréifwahl net verbueden.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Mä liest vläicht d'Argumentatioun nach eng Kéier an den Ennersched, deen tëschent Lëtzebuerg an Däitschland ass, eier Der dat do sot!

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci fir déi Lektoun, Här Wiseler, dann huelen ech mer déi och nach zu Gemitt.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Si schwätzt...

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- A vu Lektounen ausdeelen, där hunn ech der awer elo an deene leschte Minutte vill héiere vun lech!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift! Wann Der gär d'Wuert hätt, Här Wiseler, da frot Der lech et.

► **Une voix.**- Richtig!

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Mä wann d'Zuel vun de Bréifwieler zu Lëtzebuerg eropgeet, da kritt dat selbstverständlech och Auswirkungen zum Beispill op d'Wahlcampagne. Wa mer eis eens waren d'lescht Kéier, déi offiziell Wahlcampagne eréischt ee Mount virun de Wahlen ze starten, da wësse mer, datt een ëmmer méi groussen Undeel vun de Wieler da schonn hire Wahlziedel ofginn huet.

Wat mer net an der Institutionskommissioun am Fong diskutéiert hunn a wat och net Sujet vun dësem Gesetz ass, mä wat ech awer wëll uschwätzen, dat ass den E-Voting oder den

Electronic Voting, also déi elektronesch Form vun enger Wahl oder engem Referendum iwwer Internet. Hei leien d'Avantagen eigentlech och kloer op der Hand. D'Wiele gëtt nach méi einfach an attraktiv gemaach. D'Auswärtung gëtt méi séier gemaach. A wann de System bis installéiert ass, da ginn d'Wahlen och nach eventuell méi bëlleg.

D'Nodeeler vum E-Voting sinn awer och bekannt. Hei ass d'Gefor, datt d'Wahle gefälscht ginn, nach daitlech méi grouss. D'Méiglechkeet, de Wahlprozess duerch Cyberattacken ze sabotéieren, ass eng reell Gefor. A virun allem si mir och der Meenung, datt bei dem E-Voting d'Anhale vum Wahlgeheimnis déi gréisst Eraufuerderung ass, an déi ass am Moment an eisen Aen nach net genügend geleist. An trotzdeem gi mer haut op eng Schinn, wou mer all méiglech an onméiglech Geschäfte iwwer Internet ofwéckelen.

Mir hunn E-Banking, d'Simplification administrative, de Scolaria an de Schoulen, d'Integrated BioBank of Luxembourg, de Waasser- a Stromverbrauch gëtt digital ofgelies. Mir mudden eis an eise Bierger villes zou am digitalen Zäitalter. A vläicht sollte mer emol bei eis Partner an Estland kucke goen, déi net nëmmen déi éischt virtuell Ambassade zu Lëtzebuerg opgemaach hunn, mä déi och Virreider beim E-Voting sinn. Do hunn 2015 schonn 19,6% vun de Wieler hir Stëmm iwwert den E-Voting ofginn.

Ech bedauern net, datt mer mat dësem Gesetz den E-Voting nach net agefuert hunn. Ech maache just ee Plädoyer, fir sech intensiv mat de Problemer vun esou enge Méiglechkeeten auserneezenesetzen an och drun ze schaffen, dës Problemer ze léisen.

Haut scho sammle mer vill sensibel Daten. Mir verschleesse se a verschaffe se. An déi Entwicklung wäert sech zum Beispill dank der personaliséierter Medezinn éischter nach beschleunegen wéi ofhuelen. Et misst dach och méiglech sinn, deen awer vill manner komplizéierte Wahlprozess och eng Kéier sécher kënnen digital ze organiséieren. An och, wa mer haut nach net esou wäit sinn an haut net derfir plädéieren, sinn ech awer der Meenung, datt mer hei nach net um Enn ukomm sinn, wat d'Erneuerung vun der Wahlprozedur betrëfft.

Här President, ech kommen zum Schluss. Déi aner Ännerunge wéi zum Beispill d'Vereinfachung vun de Recours ronderëm de Wahlprozess, de Fait, datt ee sech mat senger Identitéitskaart an net mat der Convocatioun muss ausweisen, kënnen mer ënnerstëtzen, gradesou wéi eng gewësse Flexibilität, wat d'Zuel vun de Wieler pro Wahlbüro ugeet, an och déi aner Ännerungen, déi mer mat dësem Gesetz stëmmen.

Dem Rapporteur, dee jo op alleguerten déi Ännerungen agangaen ass, soen ech Merci fir säi mëndlechen a schrëftlechen Rapport. An ech bréngen den Accord vun der grenger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An deen nächste Riedner ass den Här Gaston Gibéryen fir d'ADR.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och ech wëll dem Kolleeg Eugène Berger Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndlechen Rapport zu dësem fir eis awer dach wichtige Gesetz, wouran am Fong déi Haaptneuerung d'Liberaliséierung vun der Bréifwahl ass.

Et ass hei gesot ginn, datt 2009 5,5% vun de Leit scho vun der Bréifwahl profitéiert hunn. 2013 ass et op 7,65% eropgaangen. Beim Referendum 2015 souguer op 8,76%, wat ech awer elo vläicht net géif als eng normal Progressioun gesinn, well menges Wëssens awer beim Referendum och vill Leit iwwer 75 Joer gewielt hunn, déi bei de Chamberwahlen normalerweise net wielen. Dat huet och vläicht een Deel vun där Progressioun uitgemaach.

Ech mengen, bis elo war et esou, datt een nëmme konnt vun der Bréifwahl profitéieren, wann ee méi wéi 75 Joer al war oder déi ënner 75-Järeg, wa se krank waren oder an der Vakanz.

An Zukunft gëtt et keng Konditiounen méi. Jiddweree kann déi Bréifwahl ufroen. Mir als ADR fannen dat eng positiv Entwicklung. D'Fro vun der Manipulatioun, déi do diskutéiert gëtt, ob déi sech stellt, do si mir der Meenung: generell net. Soss hätte mer och déi Manipulatioun elo bei der Bréifwahl bei deenen iwwer 75 Joer.

A wann ech soen: „Soss hätte mer se“, kéint een och soen: „Well mer hu se zum Deel bei deenen iwwer 75-Järeg.“ Well jiddweree kennt Fäll, wou mer héieren hunn, wou an Alters- oder Fleegeheimer dann op eemol relativ vill Demanden eragaange sinn, fir ze wielen. A wann déi Leit, déi do Patient an deenen Haiser sinn, déi Demanden net gemaach hunn, da



kann ee sech d’Fro stellen, ob se dann och gewielt hunn an deenen Haiser, déi gemengt sinn.

Also wann eng Manipulatioun méiglech ass, dann ass se am aktuelle System méiglech bei den iwwer 75-Järegen. An d’Fro stellt sech hei, Här President, ob et net vläicht ubruecht wier - ech weess och net, ob d’Gesetz dat géif erlaben -, datt een emol géif Stéchprouwe maachen, datt ee seet: „Hei, do sinn an engem Fleegeheim oder an engem Altersheim relativ vill Demanden erakomm, fir d’Bréifwahl ze maachen“, datt een emol géif bei déi Leit kucke goen, ob déi dann och effektiv eng Bréifwahl ugefrot hätten.

Da géif dat vläicht souguer... Wann ee géif soen, et géif een esou Stéchprouwe maachen, dat wier vläicht eng gutt präventiv Wierkung, fir déi Leit ofzehalen, déi d’Absicht hunn, fir dann eben esou e Wahleresultat ze beaflossen a virun allem déi eeler Leit, déi do sinn, esou ze méissbrauchen an esou eng Manipulatioun durchzeféieren.

Duerfir, wann déi Manipulatioun méiglech ass, dann ass se am Abléck do. Wa mer elo déi nei Formulierung kucken, wou mer am Fong soen: „Ma mer ginn och elo deene vun 18 bis 75, déi net krank sinn, net an der Vakanz sinn, d’Méiglechkeet, fir kënne iwwert d’Bréifwahl ze wielen“, da gesi mir do de Risiko vun der Manipulatioun awer esou minimal, datt et net derwärt ass, driwwer ze schwätzen.

Well éischtens mussen déi Leit jo d’Bréifwahl ufroen. Wann also ee vu 25 Joer eng Bréifwahl uffreet, dann ass dat jo säi Wonsch, d’Bréifwahl ze maachen, an da kann ech mer net virstellen, datt e se uffreet an da seet zum Papp oder zu der Mamm oder Gott weess zu wem: „Hei, féll du mer se aus an da schécke mer se erëm an.“ Also, ech mengen, do hu mer net vill Vertrauen an eis Bierger, wa mer déi Argumenter ervirbréngen. Ech sinn der Meenung, datt awer jiddwereen haut grouss an al genuch ass. A wann e fäert, e géif doheem ënner Drock gesat ginn, ma da brauch e se emol guer net unzefroen, da seet en: „Ech ginn a meng Wahlkabinn wielen, da kann ech maachen, wéi ech wëll.“

Also de Risiko, datt duerch déi Neierung, déi hei agefouert gëtt, d’Manipulatioun méi grouss gëtt, ass fir eis net reell. Wann eng Manipulatioun do ass, da besteet se am aktuelle System. A wéi gesot, duerch eng präventiv Moossnam wéi eng Kontroll kéint een dat eventuell och limitéiert kréien.

Ee Problem, wou eiser Meenung no natierlech eng Manipulatioun kann erakommen, awer eng aner Manipulatioun, dat ass doduerch, datt mer d’Bréifwahl net méi aschreiwen. Ech weess, datt dat net esou einfach ass, ageschriwwen Bréiwer. De Bréifdréier geet bei d’Leit heem, d’Leit schaffen, et ass keen do, e geheit en Ticket an, se mussen iergendwéi op d’Post e siche goen, da verlafen d’Delaien, dat ass komplizéiert.

Mä wa mer elo higin a mer schreiwe se net méi an, an deejéinegen, dee gestëmmt huet, brauch seng Enveloppe och net méi ze paraphéieren, wann e se zrückschéckt, do kéint - do kéint! - theoretesch eng Manipulatioun stattfannen. Well um Wee vun der Gemeng oder vum President vum Wahlbüro bis bei de Wieler kéint dee Bréif jo verluer goen. Gären oder net gären, mat Absicht oder ouni Absicht. Da kann een en opmaachen, e féllt en aus an e geheit en erëm an, dann ass en zrëck. Dann huet am Fong eng Persoun gewielt, ouni datt se iwwerhaupt weess, datt se gewielt huet.

E kann héchstens herno reklaméieren a soen: „Ech hu kee Stëmmziedel kritt.“ An da kann herno gesot ginn: „Ma du hues awer gewielt.“ Do kéint natierlech déi Manipulatioun méiglech ginn - ech soen awer „kéint“, well do muss schonn eng gewësse Fantasie matspillen, fir dat ze maachen -, wann een dee Bréif um Circuit vun A op B géif eraushuelen a géif soen, ma ech féllen en aus an ech schécken en zrëck, datt een en iwwerhaupt net kritt.

Duerfir hätte mir gäre gesinn (veuillez lire: Duerfir hätte mir gäre gesinn, datt dat géif bleiwen), an et ass argumentéiert ginn am Exposé des motifs, datt dat am Fong weinst enger Spuermoossnam wier. Et wier en deiere Facteur an duerfir géif een dorobber verzichten. Ech mengen, d’Demokratie an d’Wahlgeheimnis hunn eben ee Präis. An als Käschtefacteur kënne mer et net gëlle loosser. Wa gesot gëtt, et ass aus praktesche Grënn net méiglech... (veuillez lire: Wa gesot géif ginn, et wier aus praktesche Grënn net méiglech, da wier dat eng aner Saach.) An den Här Minister, deen och fir d’Post zoustänneg ass hei, dee wier jo bestëmmt net rosen iwwert déi zousätzlech Recette, déi d’Post do och nach géif kréien.

Mä wéi gesot, dat ass deen eenzege Punkt, wou mer an dësem Gesetz e bëssen eise Problem domat hunn, well en net méi age-

schriwwen gëtt, well keng Kontroll do ass, ob deen e kritt huet an ob deen en och herno zrëckgeschéckt huet.

Positiv ass, dat ass nach dee Punkt, deen ech awer och wëll ernimmen, datt mer hei eng Bestëmmung aféiere fir déi Leit, déi schlecht oder guer net méi gesinn. Déi Leit konnte sech bis elo begleele loosser. Dat war eng gewëssen Diskriminatioun, well - et ass jo virdru gesot ginn - déi wousste jo awer net, wa se dat gesot hunn, wat deen aneren ausgefëllt huet. Déi Méiglechkeet bleift wuel elo nach bestoen. Mä et gëtt awer och d’Méiglechkeet, datt déi Leit esou eng gewësse Wahlschabloun - ech weess och net, wéi esou eppes ausgesäit, mä dat gëtt et jo awer - kënne kréien, wou se da wierklech kënne och hire Stëmmziedel ausfëllen.

Här President, ech géif dem Här Statsminister vläicht d’Fro stellen, datt en eis géif soen, wat ech bis elo net erausfonnt hunn, wou déi Wahlschabloun läit. Läit déi an all Wahlbüro aus an da geet een dohinner an da seet een: „Hei, ech gesinn net gutt“, an da kritt e se? Mä wéi fonctionnéiert et bei de Leit mat der Bréifwahl?, well de Rapporteur huet och gesot, et wier bei der Bréifwahl méiglech. Mussen déi déi dann am Viraus ufroen? Well ech ka mer net virstellen, datt an all Bréif esou eng läit. Vläicht kéint den Här Statsminister eis do eng Informatioun ginn, wéi dat an der Praxis ausgesäit.

Da sinn ech och der Meenung, wann déi Bestëmmungen hei a Kraaft trieden, datt vu Regierungssäit och muss eng Informationscampagne gemach ginn, sief et iwwert d’Press oder iwwer eng Broschür, wou d’Leit och matzäit kloer informéiert ginn, wat fir eng Méiglechkeeten elo am Gesetz sinn an och wéi déi nei Delaie sinn, déi elo am Gesetz sinn, wou jo Verschiddenes verréckelt ginn ass, wat ee kann éischter schonn ufroen a wou ee méi spéit och nach kann eng Demande eraschécken, fir un der Bréifwahl deelzehuelen.

Här President, dat hei ass fir eis e fortschrittlecht Gesetz, wat eis d’Méiglechkeet gëtt, datt méi Leit kënne un de Wahlen deelzehuelen. Mir wëssen, datt de Prozentsatz vun de Leit, déi net méi un de Wahlen deelzehuelen, vu Wahl zu Wahl erofgeet (veuillez lire: eropgeet). A mir wëssen awer och, datt mer eis net konsequent hei am Land sinn. Mir hu Strofbestëmmunge fir Leit, déi net viele ginn, déi mer dann awer net applizéieren. Et ass ze hoffen, datt duerch dëst Gesetz méi Leit vläicht dovun profitéieren, fir erëm un de Wahlen deelzehuelen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg d’Wahlpflicht. Mir fannen dat gutt, dat gehéiert zu eiser Traditioun. Mir sollen dat och bäibehalen.

Mir ginn also hei de Leit de Choix, wéi virdru gesot ginn ass, fir ebe kënne ze wielen, ob se iwwer Bréifwahl wielen oder ob se wëllen un d’Urn viele goen. De Kolleg Bodry huet virdru gesot, si wieren hei fir de Choix. Mir als ADR sinn ëmmer fir de Choix. Mir si fir de Choix bei dem Reliounsunterrecht oder Moralsunterrecht. Mir si fir de Choix an der Familiipolitik. An duerfir si mer och selbstverständlech hei fir de Choix, datt d’Leit kënne wielen, ob se d’Bréifwahl huelen oder ob se un d’Wahlurn ginn. Dat heescht, mir hunn also eng Linn an eiser Definitioun vum Choix, souwuel fir déi eng...

(Interruption par M. Alex Bodry)

Dir sidd eng Kéier fir de Choix, Här Bodry, d’CSV ass déi aner Kéier fir de Choix, a mir sinn ëmmer fir de Choix. An duerfir stëmme mir dësem Gesetz och zou.

(Brouhaha)

► **Mme Nancy Arendt (CSV).**- Bei der Euthanasie och net.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Leschten agedroene Riedner ass den Här Marc Baum fir déi Lénk.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Här President, mat dësem Gesetzesprojet huele mer eng Rëtsch Ännerungen um aktuelle Wahlgesetz vir. Nieft der Vereinfachung oder Verännerung vu verschiddenen Delaie bei der Bréifwahl, verschiddene Präzisierungen, wat d’Residenzdauer vun Netlëtzebuerger bei de Gemengewahlen ugeet, der Méiglechkeet fir sehbehënnert Mënschen, méi autonom kënne ze wielen, an nieft enger Rëtsch administrative Vereinfachungen a Kloststellungen ass et virun allem d’Vereinfachung an d’Verallgemengung vun der Bréifwahl, déi hei an d’A stécht an déi eigentlech d’Kärstéck vun dësem Projet ausmécht. Ech wëll méch duerfir och als Alleréischte domadder befaassen.

Mir hunn - a vill Riedner hunn et virdrun och schonn ugeschwat - hei zu Lëtzebuerg d’Wahlpflicht. An dat ass och gutt esou. Esou wéi mer d’Steierpflicht kennen, esou wéi mer d’Schoulpflicht kennen, menge mer och, datt et zu de Flichte vun engem Bierger gehéiert, wielen ze

goen a mat sengem Vott iwwert d’Zesummesetzung vu senger Verrieder an deene verschiddenen Instanzen, sief et am Parlament, am Europaparlament oder an de Gemengeréit, matzestëmmen. Souguer dann, wann, wéi bei eis aktuell, dës Pflicht an der Praxis net onbedéngt direkt mat enger Sanktioun verbonnen ass.

Mir mengen, datt, wann de Gesetzgeber, also d’Chamber, d’Bierger an d’Flicht hält, wielen ze goen, da muss an eisen Aen de Stat awer och alles derfir maachen, datt d’Bierger déi Flicht och wouerhuele kënne an den Zougang zu de Wahlen esou einfach an esou barrierefräi wéi méiglech gestalt gëtt.

Dat mécht dëse Projet, zumindest a groussen Deeler, andeems d’Leit an Zukunft net méi musse begrënnen, firwat si gäre per Bréif wielen. An dat ass och näischt fundamental Neits, well vill vun deene Leit, déi haut wielen, si schonns vum Zwang vun der Begrënnung enthuewen: Leit, déi iwwer 75 Joer al sinn, a Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen.

An den Undeel vu Leit, déi op d’Bréifwahl zrëckgräifen, ass an deene leschte Joren ëmmer méi grouss ginn, vu 5,5% 2009 op 7,6% 2013 a beim Referendum 8,7%. An dat ass net nëmmen, well d’Bréifwahl u sech esou vill méi sexy ass, mä et huet och domadder ze dinn, wéi Lëtzebuerg sech entwéckelt huet. Well engersäits sinn ëmmer méi Lëtzebuerger an dat not Grenzgebitt wunne gaangen, an et ginn anersäits duerch déi klammend Liewenserwaardung och ëmmer méi Leit, déi iwwer 75 Joer al sinn an déi doduerch vum Zwang vun der Begrënnung och entbonne sinn an déi awer glécklecherweis nach ëmmer wëlle viele goen.

An duerfir brauch ee kee Kaffisazlieser ze sinn, fir ze soen, datt och ouni dëst Gesetz den Undeel vun deene Leit, déi géife per Bréif wielen, méi héich wäert sinn an e puer Méint, wéi mer dat nach bei deene leschte Wahle gesinn hunn. An dat huet einfach mat der Entwécklung vun eise Land ze dinn a virun allem mat der Entwécklung vu senger Populatioun.

Dat heescht, datt ee bei deenen Argumenter, déi virdru vum Här Wiseler vun der CSV hei benotzt gi sinn, awer soe muss, datt elo schonns en ëmmer méi groussen Deel vun de Lëtzebuerger, déi par correspondance wielen, dat net extra begrënne mussen.

An dëse Projet setzt där Ongläichbehandlung en Enn an e verallgemengert a vereinfacht d’Recht, per Bréif ze wielen. Well et kann ee sech zu Recht froen, firwat dann eng mat Rheuma geplote Fra vun 62 extra bei den Dokter lafe muss, fir sech e Certificat médical sichen ze goen, dee se dann un de Schafferot vun hirer Gemeng schéckt, deen dann driwwer decidéiert, en unzehuelen oder net, och wann et an der Praxis normalerweis gängeg ass, datt en ugeholl gëtt. Respektiv firwat muss en 32-järeg Mann, dee gär um Wahldag op d’Hochzäit vu sengem beschte Kolleg an Däitschland geet, dëst mat Dokumenter beweisen an alt nees hoffen, datt dat dann erëm vum jeeweilege Schafferot vu senger Gemeng unerkannt gëtt?

Neen, wa mer schonns d’Wahlpflicht hunn, da musse mer et de Leit och esou einfach wéi méiglech maachen, fir dës Pflicht och erfëllen ze kënne, ouni sech duerfir musse plakeg auszedoe virun dësem oder deem Schafferot, deen dann eng arbiträr Decisioun huele kann. Domadder héiere mer elo op heimadder. An dat ass och gutt esou.

Här President, eent vun deenen Argumenter, wat vun de Kritiker vun der Vereinfachung hei ëmmer nees benotzt ginn ass, ass dat vum Wahlgeheimnis. E Wahlgeheimnis, wat heimadder géif ënnerhiecht ginn. An et muss een zouginn, et ass op éischt Vue wierklech och e relativ staarkt Argument, well et zum Wiese vun enger anstänneger Demokratie gehéiert, datt d’Wahle geheim sinn. Duerfir hu mer Wahlkabinen, duerfir hu mer Wahlurnen, fir de Secret vun där Wahl ze garantéieren. An dëst ass sécherlech net an deem Mooss séchergestallt, wann ee säin Ziedel doheem um Kichendesch ausfëllt.

Dat ass alles net falsch, mä et muss een awer och soen, datt de Prinzip vum Secret awer eréischt spillt, wann iwwerhaupt eng Participatioun vun de Leit do ass.

Dat heescht, de Prinzip vum Secret muss gëlen, wann d’Leit wielen, an en därer net als Argument benotzt ginn, fir eng Demokratisierung vun deem Wahlrecht, wat zu Lëtzebuerg eng Wahlpflicht ass, ze erweideren (veuillez lire: net ze erweideren).

Ech mengen, datt éischters datselwecht Argument elo scho misst gëlle bei eiser aktueller Regelung vun der Bréifwahl, wou sech bis elo awer kaum een dru gestéiert huet.

An zweetens gëllt och haut, no dësem Gesetz, wann dat heite Gesetz votéiert ass, bei der

Bréifwahl natierlech nach de Secret, an d’Aflossnam ass strikt ënnersot.

An drëttens menge mer, datt een effektiv ofweie muss tëschent zwee demokratesche Prinzipien, nämlech engersäits deem vum Secret vun der Wahl, dee jo och hei nach ëmmer bestoe bleift, an zweetens dem Prinzip vun der Allgemengheet an der Universalitéit vun der Wahl, also dem Prinzip, méiglechst ville Leit et ze erméiglechen, dëst Recht och an Usproch ze huelen.

Mir mengen, datt an dësem Fall de Prinzip vun der Universalitéit iwwerweit. A mir si mat där doter Aschätzung och net ganz eleng, well - den Här Wiseler huet et virdrun zitéiert, awer och just een Deel dovunner - dat däitscht Bundesverfassungsgericht huet sech an der rezenten Vergaangenheet e puermol mat där doter Problematik befaasst an ass och zu änleche Konklusiounen komm, datt d’Participatioun u Wahlen an d’Accessibilitéit zu de Wahlen iwwerweie virun den hypothetesch Geforen duerch d’Ofschwächung vun der geheimer Wahl.

A wann dat däitscht Bundesverfassungsgericht eng Situatioun hätt wéi zu Lëtzebuerg, nämlech datt et eng Wahlpflicht géif ginn, da sinn ech iwwerzeugt, datt se an hirer Argumentatioun wahrscheinlech souguer nach vill méi sec gewiescht wieren, wéi se dat an hire Konklusiounen elo sinn.

An Däitschland, wou mer jo dann och déi Bréifwahl hunn, gesi mer, datt 28% 2017 esou viele gaange sinn, a verschiddene Regiounen, notamment a Bayern, souguer iwwer 40%, soudatt dat eppes ass, wou ganz vill Bierger an Däitschland drop zrëckgräifen an och glécklecherweis drop zrëckgräifen.

Här President, dëst gesot, ënnerstëtze mer déi heite wesentlech Verännerung, och wa mer eis bewosst sinn, datt, wa vill Leit per Bréif wielen, dat Repercussiounen op de Wahlkampf huet, well de Moment vun der definitiver Wahlentscheidung fir Leit, déi per Bréif wielen, e puer Wochen éischter ka sinn, wéi bei Wieler, déi un d’Urn ginn.

Duerfir denke mer, datt d’Regierung och gutt berode wier, souwuel dës wéi och déi nächst, fir deen dote Phänomeen méi genau ze analyséieren an der Chamber an deenen nächsten een, zwee Joer, och vläicht no den Europawahlen, wou dat hei jo och gëllt, eng Evaluatioun vun deem heite Gesetz ze ënnerbreeden, well mer hunn och an den Diskussiounen festgestallt, datt eis bei verschiddene Punkten och nach ëmmer Chiffere feelen.

Här President, nieft der vereinfachter Participatioun u Wahle geet et hei awer och drëms, barrierefräi a méiglechst autonom u Wahlen deelzehuelen ze kënne. Duerfir ënnerstëtze mer och d’Dispositioun am Gesetz, déi et blannen oder sehdefiziente Leit erméiglecht, mat Hëllef vu Wahlschablounen hire Vott selbststänneg, autonom maachen ze kënne un der Urn, also an engem méi grouse Secret, wéi dat bis elo de Fall war, wou d’Leit d’Méiglechkeet haten oder eigentlech just d’Méiglechkeet haten, datt ee Begleeder konnt mat hinnen an d’Wahlkabinn goen. Mat deem heiten Instrument ass et méiglech, datt déi Leit dat elo selbststänneg an autonom maache kënne, also eng Erweiderung vum Secret an der Garantie vum Secret.

Bei den Delaien, fir d’Bréifwahl unzefroen, ginn et kleng Verännerungen. Wann een zu Lëtzebuerg wunnt, kann een elo tëschent 12 Wochen a 25 Deeg virun der Wahl d’Bréifwahl ufroen, a fir Leit am Ausland tëschent 12 Wochen a 40 Deeg. Hei am Land kréien d’Leit da spëtstens 20 Deeg virun de Wahlen hir Ënnerlagen, am Ausland spëtstens 30 Deeg, wat besonnesch fir Leit, déi ausserhalb vun Europa wunnen, zum Deel et iwwerhaupt eréischt erméiglecht, viele kënne ze goen, well den aktuellen Delai vun 20 Deeg net kompatibel war oder der Erfahrung no net kompatibel war mat de Postdelaien vu verschiddene Länner.

Eng lescht Ännerung, déi eis wichteg erschénkt, ass d’Kloerstellung, datt bei de Gemengewahlen d’Residenzdauer vun Netlëtzebuerger zwar bei fënnf Joer bleift - leider -, awer dovunner just dat lescht Joer onënnerbrach muss sinn. Mir hunn an der Vergaangenheet dacks Fäll gehat, wou Leit, déi deelweis zanter Jorzéngten zu Lëtzebuerg gelieft hunn, an awer an deene leschte fënnf Joer, aus wéi enge Grënn och ëmmer - en CDD oder e kuerze Studienopenthalt am Ausland -, kuerzfristig net méi hei zu Lëtzebuerg ugemellt waren, domadder hiert aktivt a passivt Wahlrecht um Gemengenniveau verluer hunn. Domadder ass heimadder zumindest Schluss, och wann een eng Diskussioun iwwert d’Residenzdauer souwisou, mengen ech, am Wahlkampf an och



no de Wahle wierklech awer nach eng Kéier seriö misst féieren.

Här President, mir stëmmen dat heite Gesetz mat. Et féiert zu enger Demokratiséierung vun der Wahl, vun de Wahlen, a mer fannen et schonn och e bësse bizarre, datt et just eng Partei gëtt, an dobäi ass et déi gréissten a statsdroendst, zumindest an der Vergaangenheet, déi dat heiten net matdréit an déi sech domadder leider an onnéidegerweis isoléiert.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun an d'Wuert huet de Premier- a Statsminister, den Här Xavier Bettel.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kënn mer jo net all Dag vir, dass ech dem Här Baum recht ginn, mä ech muss lech awer soen, dass et tatsächlech schued ass - schued ass! -, dass een, wann een un enger Modernisatioun vun onsen Institutionen zesumme wëllt schaffen, vun där gréisster Partei an dësem Parlament mierkt, dass do kee Wëllen ass, fir d'Institutionen ze moderniséieren. Ech fannen et schued!

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Setzt lech mat eisen Argumenter auserneen, awer net mat pauschalen Aussoen!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Ech ginn och op d'Argumenter an, déi den Här Wiseler hei zitëiert huet.

Fait ass, Här President, dass et net fir d'Éischt ass, wou mer d'Wahlgesetz hei änneren. Et ass fir d'Zweet bannent e puer Méint. Deemools och schonn e Refus vun der gréisster Oppositionspartei, mat der Argumentatioun, dass d'Mandater vun de Gemengevertreieder manner laang wieren, obwuel den Text jo scho bekannt war; hei nach eng Kéier e Refus, fir dësen Text ze maachen!

Fir eis ass et wichteg, e ganz wichtige Text, well et geet drëms, eng sëllege Erneierungen an och Vereinfachungen am Fong an onsem Wahlgesetz kënnen ëmzesetzen. D'Wahlgesetz muss, an dat ass och ganz wichteg, all Detail, all Fro vum Oflaf vun onse Wahlen och beinhalten. Dat geet mat der Beschreiwung un, wéi eise Wahlsystem funktionéiert, mat all senge Prinzipien. Et fixéiert d'Etappen, wéi d'Wahlen am Virfeld preparéiert ginn. Et setzt fest, wie bei eis am Land dierf wéi goen, därer gewielt ginn, wien am Endeffekt och gewielt ass, mä virun allem och, wéi gewielt gëtt, wat jo awer ganz wichteg ass.

An dass an engem Land d'Wahlen transparent, fair a virun allem demokratesch oflafen, ass vun enger essenzieller Wichtigkeet, ass d'Basis vun enger Demokratie, an d'Rechtssécherheet suergt och fir d'Vertraue vum Wieler an engem System, an dat ass och hei ganz wichteg.

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Mä e Wahlgesetz muss sech och kënnen adaptéieren an enger Entwécklung am Fong vu senger Gesellschaft och suivéieren. D'Méiglechkeet, fir an Zukunft de Vote par correspondance am Fong emol schonn iwwer eng sekuriséiert Internetsäit „myguichet.lu“ kënnen och unzefroen, ass schonn eng Vereinfachung iwwerhaupt, fir kënnen de Vott och unzefroen.

Am Moment ass et och wichteg, dass mer mat deenen neien Technologie schaffen an dass mer och déi Méiglechkeet ginn, dass een et esou kann ufroen, an och fir ënnert Lëtzeburger, déi bei Europa fir den europäesche Resident oder bei Gemengewahle matwielen, dat dann esou ze maachen.

Direkt an deem Kontext wëll ech op déi fënnel Joer och agoen. Mir hunn eis einfach adaptéiert zum Nationalitéitengesetz, dat och déi doten Dispositioun virgesäit. A fir eis wor et och wichteg, well et wor eng Fro an där enger oder anerer Gemeng, wéi et misst interpretéiert ginn, ob ee se kéint zouloossen oder net. A fir eis ass et dofir wichteg, dass och fir d'Gemengeresponsabel Kloeerheet geschafe gëtt.

Mir erweideren de Vote par correspondance. Am Moment huet een eng Rëtsch, an Dir wësst, an de Mengen huet ee missen d'Delaie kucken, wivill Deeg virdrun dass een d'Lëscht kritt huet, d'Demandë kritt huet. D'Leit hu misse justifiéieren, firwat se dann e Vote par correspondance géife froen. An dann

ass de Reesticket geschéckt ginn, d'Invitatioun, fir iergendzwoousch am Ausland ze sinn, oder et huet ee missen e Krankeschäi schécken. Dat heescht, et huet ee sech missen excuséieren, well een deen Dag net konnt normal wéi goen an de Vote par correspondance gefrot huet.

Mä et soll een och net vergiessen, a mir gesinn et och bei deene leschten Europawahlen, dass bal 15% vun de Leit iwwerhaupt net wéi ginn, weder par correspondance nach an de Wahlbüro ginn.

Mir sinn der Meinung, dass dat heiten elo net d'Solutioun ass, wou ee seet, elo wäerten déi 15%, déi iwwerhaupt net wéi gaange sinn, muer wéi goen. Dat wier eng Utopie. Mä mir sinn der Meinung, dass hautdesdaags 2018 een awer muss d'Méiglechkeet hunn, kënnen e Vote par correspondance ze froen, ouni musse bei den Dokter ze goen, eng Reesrechnung, en Ticket mussen eranzeschécken, fir kënnen ze wéilen.

Hei héieren ech dann de Reproche: Jo, mä dann um Kichendësch wäert de Papp de Kanner an der Fra soen, wat se ze wielen hunn!

(Brouhaha général)

Här President, ech muss lech soen, dat ass net de Modell vun enger Famill, esou wéi ech mir en hei zu Lëtzebuerg virstellen!

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Esou hunn ech et sécher net beschriwwen, Här Bettel!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Ech sinn net där Meinung, dass dat esou ass, dass dann op eng Kéier een duerch Drock géif gesot kréien, wat een ze stëmmen huet, virun allem, wou een hei da franséisch Philosophen zitëiert an a Frankräich carrement d'Procuratioun gëtt, wou ech engem ka soen: „Du kanns a mengem Numm stëmme goen an ech vertrauen dir, dass du am Fong dat stëmms, wat ech gären hätt, mä ech weess et awer net, well ech selwer net sur place sinn.“

Dat heescht, mir zitëiere Frankräich, mir zitëiere franséisch Philosophen, mä a Frankräich selwer kann ech am Fong mä Wahlrecht engem Frieme ginn. An ech muss do just beweise kënnen, dass ech deen Dag einfach schreiwen, „sur l'honneur“, dass ech deen Dag net an der Gemeng sinn, wou ech wunnen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Här Bettel, setzt lech och elo mat den Argumenter vum Conseil d'État auserneen, dee genau dat selwecht seet! Macht dat wann ech gelift a setzt lech mat den Argumenter auserneen!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- A wa mer dat heite maachen, Här President, ass et ganz einfach, dass mer der Meinung sinn, dass e Wahl...

Mir sinn einfach der Meinung, Här President, dass hei eng Modernisatioun ass vun engem Wahlgesetz.

(Coups de cloche de la présidence)

Mir sinn der Meinung, dass ee sech hei un d'Realiteiten upasst. Et ass net un eis, ze wëssen, firwat deen een oder deen anere sech kann deplacéieren oder net wëllt deplacéieren oder eppes virgesinn huet deen Dag. Fir eis ass et wichteg, dass de Wieler ka wielen!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Dat ass d'Haaptbegrennung.

An dowéinst, d'Méiglechkeet, fir d'Brëifwahl méi ze generaliséieren, dat heescht, méi einfach opzemaachen, ass fir eis e richteg Schratt an dës Richtung.

A wéi gesot, ech brauch net méi op den Argumentaire, dee vum Här Bodry gemaach ginn ass, vum Här Baum gemaach ginn ass an och vum Här Gibéryen gemaach ginn ass, an och vum Här Berger gemaach ginn ass, dat heescht, vu jiddwerengem, an deen, mengen ech, och vum Här Adam, fir ze soen, et kann een awer net soen, dass déi iwwer 75 Joer guer net influencéiert géife ginn. Ech mengen, den Här Adam hat dat och gesot, guer net influencéiert ginn an dann déi aner influencéiert ginn.

(Brouhaha)

Hei gëtt nees probéiert, Här President, an dat ass dat, wat mer e bësse Suerge mécht, déi lescht Méint, Tendenz Ängscht, Ängschten de Leit ze ginn, dass mat deene Saachen d'Leit Ängschte kréien.

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Also, Här Bettel, ech...

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Här President, ech wier och frou gewiescht, wann iwwert d'Déficients visuels...

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Här Bettel, ech akzeptéieren déi Aart a Weis net, wéi hei disku-

téiert gëtt! Ech hätt gär, datt Dir géift op d'Argumenter agoen, wat net nëmme meng sinn, wat och aner Leit gesot hunn, wat de Conseil d'État gesot huet, anstatt déi Ennerstellungen do ze maachen, déi inakzeptabel sinn, Här Bettel!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Här President?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Här President, hei ass, ech sinn och ganz frou,...

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dat ass den Niveau vum Debat, deen Dir hei féiert!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- ...dass hei et awer och endlech fäerdeg bruecht ginn ass - wann ee sech Suerge mécht ëm d'Bierger an Ängschten huet, dass d'Liberté d'expression, dass de Secret net méi garantéiert ginn ass -, dass endlech Leit mat Déficiency visuelle och fräi kënnen stëmmen. Dat huet jo kee genéiert, hat ech d'Gefill virdrun, dass ee matgaangen ass. Haut hu mer duerch d'Schabloun och d'Méiglechkeet, dass déi Leit kënnen hire Choix selwer treffen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dat huet jo och kee Mënsch contestéiert, Här Bettel.

► **Mme Nancy Arendt (CSV).**- Dat droe mir jo och mat.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- An den Här Gibéryen huet eng Fro gestallt, Här President. Jo, déi Schablounen, dat gëtt zesumme mat der Ediff iwwert den Education-nationales-Ministère gemaach an zesumme mam Institut pour déficients visuels, wou eng Campagne och wäert lancéiert ginn. Et gëtt gerechent, dass ongeféier eng 200 Leit concernéiert sinn, déi Leit d'Schabloun heemgeschéckt kréien, mä och all Büro wäert eng Schabloun hunn, à la disposition hunn, au cas où, wann de Malvoyant sech presentéiert an déi Schabloun vergiess hätt.

Dat ass eng grouss Evolutioun. Mir wëllen e Land hunn, dat barrierëfräi ass. An d'Demokratie virun allem, Här President, muss barrierëfräi sinn. A mir maachen hei eng Evolutioun an déi richteg Richtung. An duerfir sinn ech frou iwwert déi grouss Majoritéit, déi an dëser Chamber och wëllen Institutione moderniséieren a virun allem och eng Demokratie hunn, déi fir jiddwereen op ass.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Wiseler, parole après ministre.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo. Ech wëll awer just soen, datt ech mech wonneren iwwert d'Argumentatioun, well ech stellen nach ëmmer fest, datt och de Statsminister op déi Argumentatioun vum Conseil d'État, déi genau déiselwecht ass wéi déi, déi mir hei gefouert hunn, nach ëmmer keng Äntwerte ginn huet an net hei an deem, wat e gesot huet, deenen Argumentatione eppes entgéintgesat huet. An ech wiere mech och géint déi Aart a Weis, wéi hei eng politesch Debatt op engem Sujet gefouert gëtt, deen awer essenziell ass, an zwar d'Aart a Weis, wéi mer an der nächster Zäit wéi ginn.

Ech fannen d'Aart a Weis, wéi d'politesch Debatte gefouert ginn, ass am Fong net esou, wéi dat misst sinn. Hei ass e seriöe Sujet an e soll och seriö debattéiert ginn!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7118 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7118 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwuer: 37-mol Jo an 23-mol Neen. Domat ass de Projet de loi 7118 adoptéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Octavie Modert), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ass d'Chamber dermat d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

A mer kënnen direkt zum nächste Projet de loi iwwergoen, de Projet de loi 7191, e Kooperationsaccord tëschent der EU an Afghanistan. De Rapporteur, den Här Marc Angel, huet d'Wuert.

3. 7191 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération en matière de partenariat et de développement entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République islamique d'Afghanistan, d'autre part, fait à Munich, le 18 février 2017

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Jo. Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, Här President, mat dësem Accord, dee mer mat Afghanistan ofschléissen, gëtt déi besteend Zesummenaarbecht tëschent der Europäescher Unioun, hire Memberlänner an Afghanistan formaliséiert. An dësen Accord, dat ass och eng Confirmatioun vun engem verstärkten, vun engem nohaltege politeschen an och ekonomeschen Engagement vun der Europäescher Unioun an hire Memberstate vis-à-vis vun Afghanistan, fir eben do an Afghanistan de Fridensprozess, d'Sécherheet vum Land an och d'Stabilitéit vun der Regioun, déi jo oft vu schlimme Krise betraff war a vu Kricher betraff war, ze verstärken an ze stabiliséieren.

Bei der Zesummenaarbecht mat Afghanistan gëtt den Accent op e regelméisseg Dialog geluecht. En Dialog, wou den Accent besonnesch och op Froe vu Fraen- a Kannerrechter geluecht gëtt. D'Mënschrechter an Afghanistan, dat wësst Der, hunn iwwert déi lescht Jorzéngte staark gelidden. An dofir, mengen ech, ass dee Punkt hei ganz wichteg.

Den Accord iwwerhëlt och déi standardpolitesch Klausel vum der Europäescher Unioun, wat d'Massevernichtungswaffen ubelaangt, vun der CPI, d'Cour pénale internationale. An den Accord promouvéiert och déi bilateral, regional an awer och international Zesummenaarbecht.

Aner Domäner, wou d'Relatioun solle verstärkt ginn, sinn niewent enger verstärkter wirtschaftlecher Kooperatioun, déi natierlech ganz uewe steet, och besonnesch d'Rechtsstaatlechkeet, d'Gesondheet, den Développement rural, d'Education, d'Wëssenschaft an d'Technologie. Wichteg, wann ee mat Afghanistan en Accord mécht, sinn awer natierlech och all déi Moosname fir de Kampf géint d'Korruptioun, de Blanchiment, de Financement vun Terrorismus, déi organiséiert Kriminalitéit a besonnesch den Drogenhandel. Déi Froe mussen natierlech och behandelt ginn, wëssend besonnesch beim Drogenhandel, dass 90% vun der Produktioun vun Opium aus Afghanistan kënn an dass dat och eng vun den Ursaachen ass, déi am Fong déi legal ekonomesch Entwécklung an deem Land staark verhénnert.

Als Rappel: d'Europaparlament - eng kleng Remark: Et gëtt och en Artikel, ech mengen, et ass den Artikel 28, wou et ëm Migratiounsfroe geet; ech kommen herno drop zrëck. Dofir wollt ech awer ënnersträichen, dass d'Europaparlament den 2. Oktober 2016 nach eng Kéier reaffirméiert huet, dass duerch dësen Accord an, wéi gesot, genau den Artikel 28, d'Recht fir all afghanesch Demandeurs d'asile, fir hei an Europa eng Demande fir hir Protection internationale ze stellen, an engem Memberstat net touchéiert ass duerch dësen Accord.

Mir hunn iwwerengs och nogefrot, Afghanistan steet hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer net op der Lëscht vun de Pays d'origine sûrs a wäert och net an der nächster Zukunft do dropkommen.

Déi wirtschaftlech Situatioun an Afghanistan ass trotz engem duerschnëttleche Wuesstum